



emptionsinn. A fir de Rescht kéint den Innenminister keng Angabe maachen iwwert d'Zuel vun Aquisitionen, déi iwwert de Wee vum Droit de préemption gemaach gi sinn.

Ech fannen, datt eppes, wat den Droit de propriété aschränkt, wéi de Conseil d'État et richtig seet, an och d'Liberté contractuelle aschränkt, wéi de Conseil d'État et richtig seet, datt mir als Chamber esou eppes net kënnen guttheeschen, wa mer net emol d'Donnéeën hunn iwwert dat, wat da bis elo déi lescht Joren, wou et deen Droit de préemption, dat Virkafrecht, do gëtt, geschitt ass. Ouni datt mer do konkret Zuelematerial hunn, kann een domadder net d'accord sinn.

Vläicht kann de Minister eis soen: Wéi vill gouf da bis elo säit senger Äntwert op déi dote Fro préemptéiert? Goufen do Arealer, déi bebauungsfäeg gewiescht wieren - sofort bebauungsfäeg gewiescht wieren -, dem Maart entzunn? Oder gouf drop gebaut?

An dee gréisste Problem, dee mer hunn, ass d'Prozedur. Dat dierf een net vergiessen: Ëmmer wa mer hei eppes aféieren, a mir hu jo heiriwwer geschwat, iwwert d'Simplification administrative, alles dat do kascht awer ëmmer erëm Zäit an domadder och Geld.

E Fonds du logement, dee schreift bei all Transaktioun: „Ma maacht emol déi offiziell Prozedur! Maacht eis e Recommandé, an da kucke mer emol! Dann huele mer 30 Deeg.“ Alles dat kascht Zënse, kascht Suen a mécht de Bau méi deier.

An aus all deene Grënn wäerte mir als ADR géint dës Projet stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet elo den zoustänneg Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci, Här President. Et ass vill geschwat ginn iwwert d'Originne vun dësem Gesetzesprojet, dee mer haut hei zur Ofstëmmung bréngen. Et ass och vill geschwat ginn iwwert d'Verdängschter vun deem engen oder vun deem aneren, fir dass et zu dësem Gesetzesprojet komm ass. Dat léist mech direkt am Ufank zum Schluss kommen, dass et e gudder Gesetzesprojet ass, well vill Leit wëlle Papp vun dësem Gesetz gewiescht sinn. An ech hu jo och héiere vu bal alle Verrieder, déi hei op d'Tribün komm sinn, dass se gewëllt sinn, am Numm vun hirer Fraktioun dës Projet ze stëmmen.

Et ass och diskutéiert ginn iwwer e Strategie-pabeier vun der UEL, och iwwer e Brëif, deen de Wirtschaftsminister aus der frëierer Regierung gemaach hätt, deen dann awer net ganz ëmgesat gi wär, wou ech awer haut ka behapten, dass deen zumindest ee grouse Verdängscht hat, näamlech deen, dass en d'Rad erëm richtig un d'Rulle bruecht huet. En huet näamlech dozou gefouert, dass am Mee 2013 e groussen Deel vun der Regierung - net manner wéi sechs CSV-Ministere waren dorunner bedeelegt - eng Reunion hat mat der UEL, fir kënnen auseloten, wéi mer dann am Beräich vun der Simplification administrative kéinte virgoen.

Et ass och virdru gesot ginn: Et war „Chef-sache“ ginn, de Statsminister selwer hat sech der Saach ugehol. An aus där Reunion ass, mengen ech, och e konkret Resultat erauskomm. An dat ass och dat, wat ech konnt virfannen, wéi ech de Ministère iwwerholl hunn, näamlech dat, dass sollten dräi Gesetzer ofgeännert ginn a konkret fënnef net onwichtig Dispositiounen am Sënn vun enger Simplification administrative sollten ofgeännert ginn. Dräi Gesetzer, hat ech gesot, näamlech: d'Kommodosgesetz, d'Naturschutzgesetz an den Aménagement communal, also alles Gesetzer, déi mer elo och an deem Projet, deen haut hei zur Diskussioun steet, erëm nei diskutéieren.

No deene Sitzunge vum Mee 2013 tëschen wichtige Regierungsvertreider an der UEL ass den Dossier e bëssen an d'Stacke komm. Och dat ass, mengen ech, kee Geheimnis. Et waren déizäit turbulent Zäiten an am Mëttelpunkt vun der Politik stoungen dunn aner Themen. Och dat wëll ech hei net weider kommentéieren, dat weess jiddwereen heibanne selwer.

An et war dunn am Januar 2014, wou mer als nei Regierung och en neien Ulaß geholl hunn. Mir hunn éischts eng regelméisseg interministeriell Plattform geschafen, déi och bis de

Juli 2014 dräimol zesummekomm ass um allerhéchsten Niveau. Mir haten iwwer 25 bilateral Aarbechtssitzungen a mir haten Entrevuë mat der UEL an och mam Syvicol. An déi intensiv Konsultatioun huet, mengen ech, och konkret Resultater bruecht mat dem Dépot vum Projet de loi de 16. Juli 2014, mat deem mer insgesamt eelef Gesetzer an dräi Arrêté-grand-ducalen ofännere respektiv ofschafen.

Insgesamt 35 Mesurë vu Vereinfachung vu Legislation a Reduktioun vun administrative Chargen, 14 Mesurë vu Vereinfachung vu Prozeduren, 17 Mesuren, déi administrativ Chargen tout simplement ofschafen, 3 Mesuren, wou elektronesch Publikatiounen kommen, 6 Mesuren, wou mer d'Délaien aféieren, fir wann d'Leit mussen eng Äntwert kréien, wa se eng Demande gemaach hunn, 1 Mesure, wou den Délai vun dréi op ee Mount erfogesat gëtt - et pas des moindres: am Kader vun engem PAP -, a 4 Mesurë betreffend den Accord tacite: wa keng Äntwert kënnt, dass dann d'Demande u sech automatesch ugeholl ass. Dat war dee faméisen TGV, vun deem mer geschwat hunn an dee mer innerhalb - an do si mer, an dat kënnen mer och roueg, haut nach e bësse stolz drop -, dee mer ëmmerhin innerhalb vu sechs Méint konnten op d'Schinn setzen.

A wann den TGV net déi Geschwindegkeet kritt huet, déi mer eis alleguerten erhofft hunn, dann dierf hei an dësem Kontext d'Fro erlaabt sinn, ob iwwerall mat där nämlecher Energie gefuer konnt ginn, wéi d'Regierung dat gemaach huet.

Mä fir mech ass dat net dat Wichtigst. Dat Allwichtigst, an ech gehéieren net zu deene Leit, déi gären zrëckkucken, dat Wichtigst ass fir mech, dass den Zuch elo firt, an zwar, dass en an déi richtig Richtung firt an dass d'Weichen esou gesat sinn, dass de Réseau, op deen e soll fueren, kuerz- a mëttelfristeg kann erweidert ginn. A wichtig ass fir mech och, dass mer déi Zäit, wou eisen TGV um Quai an der Gare stoung, net einfach gewaart hunn, bis d'Scheif op gréng gesat ginn ass an den Zuch ufuere konnt, mä dass mer mat Nodrock weider un der Modernisatioun vum Réseau geschafft hunn.

An ech wëll haut hei soen, och well et an der Diskussioun ugeklongen ass: Ech wäert nach virun Ouschteren de Programm „Einfach Lëtzebuerg“ presentéieren. Et ass dat e Programm, wou sämtlech, an ech betounen dat, „sämtlech“ - ouni Ausnam - Ministère bedeelegt sinn, mat ronn honnert konkrete Mesuren. Eenzelner si schonns ëmgesat dovunner, mir hunn net drop gewaart, fir elo eng Pressekonferenz ze maachen, mä dat, wat schonn ze realiséiere war, dat hu mer scho realiséiert.

Bei deenen honnert konkrete Mesurë sinn der dobäi, wat Zentralisationsmesurë sinn, Dematerialisatioun vu Prozeduren, administrativ Vereinfachungen an och Tracking-Mesuren, déi virun allem fir de Bierger vu grousser Wichtigkeit sinn. Et si grousser dobäi, klenger, méi grousser, méi klenger dobäi, déi mer kënnen direkt ëmsetzen. An et sinn der vläicht dobäi, déi vläicht e bësse méi laang daueren. Mä mir fueren nom Prinzip: Kleinvieh macht auch Mist.

All eenzel Measure alleng gekuckt ass do ganz bestëmmt net de grouse Worf. Mä all zesummen, an dorëms geet et, dënge se engem eenzegem Zil: de Verwaltungen a virun allem de Bierger a Biergerinnen am Land d'Liewe méi einfach maachen. An och wann an dësem Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, vill Bestëmmunge sinn, déi d'Liewen am Beräich vum Aménagement communal nei regelen, fir deen ech jo mat enger aner Kap als Innenminister och Verantwortung droen an dee jo dee ganz sensibele Beräich vum Wunnensbau mat beinhalt, da si mer awer och do net stoe bliwwen bei eisen Iwwerleeungen.

Ech wäert kuerzfristeg e Projet de loi virstellen iwwert de städtebauleche Vertrag oder de Bauplanvertrag, wou ugeduecht ass, dass d'Gemeng mat Propriétaires, déi nei Land an de sougenannten „bebaubare Secteur“ erakréien, eng Konvention mécht, wou se sech engagéieren, innerhalb vun enger bestëmmter Frist e PAG-konforme Bauprojet ëmzesetzen. Geschitt dat net an där gemeinsamer ofgemaachter Frist, da fällt entweder de Bauplan an d'Zone verte zrëck oder e gëtt un d'Gemeng no engem am Viraus ofgemaachte Präis ofgetrueden.

Am nämleche Projet de loi wäerte mer awer och de Remembrement urbain vun Terrainen am Kader vun engem PAP nei regelen, deen d'Realisatioun vun engem Projet och da méiglech mécht, wann een eenzegem oder e puer Propriétaires aus wéi engem Grund och ëmmer net wëllen oder net kënnen matmaachen an een doduerjer riskéiert, dass de ganze Projet blockéiert gëtt. Dat si weider Mesuren, déi d'Prozeduren a virun allem d'Ëmsetzung vu Projekte virundriewen. An dofir sinn et gutt Mesuren am Intérêt vum Land!

De Gesetzesprojet iwwert d'Sanction-administrativen, deen, wéi de Statsminister et gesot huet, de Freiden eng éischt Kéier um Ordre du jour vun dem Regierungsrat ass, ass u sech een eenzege Projet vu Simplification administrative. E wäert eng entscheidend Entlaaschtung vun de Juridictionen a vun der Police mat sech bréngen.

D'Simplification administrative, an et ass virdun e puermol hei gesot ginn, ass e kontinuéierleche Prozess, deen ni ophéiert. An dofir sinn ech och esou frou, dass mer an deene leschte Méint mat Héichdruck u weideren Upassungen geschafft hunn. Ech hat eng Kéier de Verglach gemaach, an ech mengen, en imposéiert sech scho praktesch hei: Bei der Simplification administrative ass et wéi beim Usträiche vum Eiffelturm, déi fänken och erëm ënnen un, wa se uewe bis fäerdeg sinn.

An ech wëll mat Nodrock op déi exzellente Aarbecht verweisen, déi an eiser Cellule de facilitation an der Fonction publique geleescht ginn ass an och vun eise CTIE am Déngscht vu ganz ville Verwaltungen vun eise Stat. Mir sinn duerch hir Aarbecht konkret an entscheidend virukomm. Wat hei ausserhalb vum Scheinwerferlicht vun der grousser Politik geleescht gëtt, ass exzeptionell a gehéiert och emol eng Kéier hei op dëser Tribün gesot ze ginn!

An et ass dofir och schonn e bëssen enttäuschend, wann ech mat enger gewëssener Süffisanz hei op der Tribün héieren, mir hätten elo e Bummelzuch konstruéiert. An déi Leit, déi dat soen, wësse ganz genau, dass déi Délaien, déi zu deenen onerfreeleche Verlängerungen gefouert hunn, net vun der Regierung ze verantworten sinn. An ech mengen och kënnen ze behapten, dass ech och frou sinn, dass dat och hei vum Här Eischen expressément ervirgestrach ginn ass.

Ech wëll hinnen awer och soen, dass dee Verglach mam Bummelzuch einfach kee gudden ass an och drops hiweist, dass se zumindest vun der Eisebunn net allze vill verstinn.

Dat kann ee jo och excuséieren, Här President, net jiddwereen ass en Expert vun der Eisebunn. Mä e Bummelzuch ass per Definition en Zuch, deen an all Gare stoe bleift. Eise Simplifications-TGV awer, wa mer haut gréng Luucht vun der Chamber ginn, an dovun ginn ech ganz staark aus no deem, wat ech haut héieren hunn, wäert vun haut u ganz zilstrebe, séier an ouni onnéideg Pause säi Wee maachen. An dat ass och gutt esou!

Et kann een, Här President, als Oppositionspartei, fir am Eisebunnjargon ze bleiwen, ëmmer zweegleiseg fueren. Et kann een e Regierungsprojet positiv a konstruktiv begleeten, seng Krittiken maachen, seng Verbesserungsvorschläge an dann, wann et dann zum Vott kënnt, wann et ëmgesat gëtt, och en Deel vum Verdängscht fir sech beusprochen. Et kann een awer och, an och dat ass d'gutt Recht vun der Opposition, sech aus der Gestaltung vu Gesetzer eraushalen an der Majoritéit déi Verantwortung iwwerloossen.

Ech mengen, an dësem Fall hate mer eng Mëschung vun deenen zwee. Ech stellen zumindest fest, dass mer an deene 16 Aarbechtssitzungen vun der Chamber eng ganz gutt Entente hatten, dass mer gutt virukomm sinn, dass mer jo och erweidert Sitzungen hate mat anere Kommissiounen zesummen. Et ass kee schrëftelechen Amendement vun der Opposition presentéiert ginn, soudass ech dovun ausginn, dass mer u sech e ganz gudden Text presentéiert hatten.

Mir hu virdru gesot, et wier e Gesetz, wat ëmmerhin eelef vun deene wichtigste Verwaltungsgesetzer, déi mer hei am Land hunn, ofännert. An ech mengen kënnen ze soen am Numm vun eis alleguerten, dass duerch d'Aarbecht, déi konstruktiv Aarbecht vun der Kommissioun den Text och nach besser ginn ass.

Ech wëll an deem Kontext ganz expressément och den Här Meyers ernimmen, deen ee ganz konkrete Virschlag gemaach huet, mëndlech gemaach huet, dee mer och tel quel an eise Projet afléisse gelooss hunn an deen, mengen ech, och an Zukunft nach vu ganz grousser Wichtigkeit wäert sinn.

Et war ee sech eens, dass dat heite keng einfach Operatioun géif ginn. Et war en héich techneschen Dossier mat villen Astuten, mat ville sensibele Beräicher a mat villen Herausforderungen. Et ass eis gelongen, all Hürden ze iwwerspringen, an ech soe jiddweregem Merci, dee sech dorunner bedeelegt huet.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. An da maache mer elo ganz schnell, dass deen Zuch an d'Gare erakënnt, ouni ze vergiessen, nach eng Kéier ze ënnersträichen, wat de Rapporteur och gesot huet, dass mer déi kleng Modifikatioun, wat

d'Terminologie vum Journal officiel ugeet, selbstverständlech dann zrëckbehalen, esou wéi de Conseil d'État eis dat geroden huet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6704 et dispense du second vote constitutionnel

An ech géif domat d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An ech stelle fest, dass mer hei bei der Ofstëmmung wierklech esou eppes ware wéi e Schnelzuch.

55-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen, domat ass de Projet 6704 mat grousser Majoritéit ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen d'Chamber nach, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour kommen, dem Projet 6992, wou et ëm d'Ëmsetzung vun enger Rei vun Direktive geet, méi speziell iwwert de fräie Verkéier an d'Immigratioun. D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel.

4. 6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi legal Immigratioun ass spëtzens säit dem Enn vum Zweete Weltkrich en zentrale Motor vun der Lëtzeburger Ekonomie. Als klengt Land si mer op auslännesch Aarbechtskräften an och op auslännesch Investisementer ugewisen, fir eis Wirtschaft unzudriewen. Lëtzebuerg wär haut net dat, wat et ass, ouni Immigratioun. Ouni Migratioun hätte mer weder eis oppen a villsproocheg Gesellschaft nach eis staark Wirtschaft.

Eis auslännesch Matbierger schaffen haut an alle Beräicher vun onser Wirtschaft, vum Niddreglounsektor, wéi dem Bausektor oder de Botzfirmer, iwwer eis Kleng- a Mëttelbetriber bis hin zu den héich qualifizéierte Beruffer an der Fuerschung oder op der Finanzplaz. Dës ënnerschiddlech Beräicher hunn och ganz ënnerschiddlech Besoinen a si mat ganz ënnerschiddleche Problemer konfrontéiert. Dofir brauche mer och Regeln an der Immigratioun, déi dësen ënnerschiddleche Problemer Rechnung droen, wa mer op där enger Säit wëlle kompetitiv bleiwen an Talenter unzéien an op där anerer Säit d'Rechter vun de Leit, déi schaffen, weider wëlle stäerken.

De Projet de loi, iwwert dee mer haut hei ofstëmmen, befaasst sech dann och mat enger



ganzer Rei vun ënnerschiddleche Facettë vun der legaler Immigration an ass domat e Spigelbild vun deene komplexe Fäll, déi sech och an deem Domän stellen.

Ech wëll nach drun erënneren, dass d'Immigrationspolitik jo zu engem gudden Deel iwwer europäesch Direktive geregelt ass. Den Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun gesäit vir, dass mer eng gemeinsam Immigrationpolitik maachen, déi Migration effikass manage kann an d'Rechter vun de Migranten ofséchert, fir eise gemeinsame Raum vu Fräiheet a Sécherheet ze stäerken. Sait 2009 goufen an deem Beräich fënnf zentral Direktive verabschit. Dovunner hu mer der zwou 2011 an 2013 an nationaalt Recht ëmgesat. A mat deem Projet de loi setze mer nach zwou weiderer ëm.

Déi éischt vun dësen zwou Direktiven, déi mer mam Projet de loi vun haut ëmsetzen, ass eng Direktiv, déi d'Saisonsaarbecht regléiert. Dës Direktiv ass sozial gesinn e grouse Schrëtt no vir, well et déi éischte Kéier ass, dass de Secteur vun der Saisonsaarbecht fir Aarbechter vun ausserhalb der EU geregelt gouf. Mir wëssen, dass Saisonsaarbechter eng ganz vulnerabel Grupp vun Aarbechter sinn, an dëst géllt ëmsou méi fir déijéineg, déi net aus engem EU-Land kommen.

Dës Direktiv erméiglecht et hinnen, op där enger Sait méi einfach eng Aarbechts- an eng Openthaltsgeneemegung fir Saisonsaarbecht ze kréien, mä si setzt och minimal Standarder fest fir hir Bezuelung, hir sozial Ofsécherung an hir Rechter. An heimadder sinn dës Leit besser virun Ausbeutung geschützt, a mir ginn eis och eng gemeinsam Grondlag, fir de Sozialdumping, deem an deem Secteur an der EU oft leider nach vill ze heefeg stattfënn, ze bekämpfen. Ech mengen, mir hate jo gëschter eng Diskussioun iwwer Sozialdumping, an hei ass och eng vun deene Mesuren, fir dergéint virzegoen.

Och wa mer hei zu Lëtzebuerg, wat de soziale Volet an d'sozial Rechter ugeet vu Saisonsaarbechter, scho staark Regeln hunn, hate mer bis haut awer keng spezifesch Openthaltsgeneemegung fir Saisonsaarbechter aus Drëttstaaten. An dofir féiere mer déi also mat deem Projet de loi an.

D'Openthaltsgeneemegung däerf fir eng Periode vu maximal fënnf Méint ausgestallt ginn. D'Demande muss hei zu Lëtzebuerg vum Patron gestallt ginn a muss scho vun engem Contrat de travail begleet ginn, fir sécherzestellen, dass déi Leit och wierklech ugestallt ginn, wa se heihikommen.

Während et bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv also virun allem drëms geet, sozial Rechter ze stäerken, befaasst sech déi zweet Direktiv mat engem ganz anere Sujet. An deem Fall geet et natierlech drëms, den Transfer vu Salariéen an och vu Stagiairen innerhalb vu groussen Entreprises ze vereinfachen. An onser globaliséierter Wirtschaft ass et ganz üblech, dass Mataarbechterinnen a Mataarbechter vu multinationale Firmen och op Missionen an hir Filialen an anere Länner geschéckt ginn. Äänlech ass och bei Stagiairen de Fall, fir déi dat eng immens flott Erfahrung ka sinn, fir e puer Méint op engem anere Kontinent ze schaffen.

Dës Direktiv soll et dofir erméiglechen, esou Salarié vu groussen Entreprises vun ausserhalb vun der Europäescher Unioun, déi fir eng zäitlech begrenzt Mission an eng Filial innerhalb vun der EU detachéiert solle ginn, méi einfach eng Autorisation ausstellen. Déi gréisst Innovation vun dëser Direktiv besteet doranner, dass en detachéierte Salarié an Zukunft vill méi einfach wéi haut och nach an en zweeten oder an en drëtten Memberstat detachéiert ka ginn, nodeems hien eng Autorisation vum éischten Memberstat kritt huet. Dëst vereinfacht hinnen déi zäitlech begrenzt Detachement enorm.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass esou eng Regelung theoretesch och méissbraucht kéint ginn, fir déi méi streng Regele vun enger laangfristeger Openthaltsgeneemegung fir Aarbechtskräften ze ëmgoen. Fir dëst ze verhënnere, hu mer dofir eng Barrière agebaut. An dat ass Folgendes: Nodeems déi maximal Frist erreecht gouf, däerf eng nei Demande fir déiselwecht Persoun eréischt no sechs Méint nees gestallt ginn. Domadder verhënnere mer, dass den Detachement op Lëtzebuerg oder an d'Europäescher Unioun definitiv géif ginn.

Här President, niewent deem europäesche Volet ännere mer awer och am Kader vun der legaler Immigration mat deem Projet de loi eng Rei spezifesch national Bestëmmungen, fir déi legal Immigration zu Lëtzebuerg méi attraktiv ze maachen an och d'Rechter vun dëse Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, ze stäerken. Sou vereinfache mer mat deem Projet de Regroupement familial fir déi normal Aarbechter a passe se de Bestëmmunge fir héich qualifizéiert Leit un, déi eng europäesch Blue Card hunn. An Zukunft müssen dës Leit net méi

zwielef Méint waarden, ier hir Famill bei si op Lëtzebuerg ka kommen. Si kënnen hir Famill elo direkt matbréngen, genausou wéi déi héich qualifizéiert Salariéen.

Ausserdeem erlabe mer et an Zukunft Studente vun der Uni Lëtzebuerg, déi aus Drëttstate stamen, dass si nom Ofschloss vun hirem Studium oder vun enger Dokteraarbecht net méi müssen obligatoresch zrëck an hiert Heemechtsland fléien, fir eng Demande op eng Aarbecht dierfen ze schreiwen an eng Offer an deem Beräich, dee se studéiert hunn, hei unzehuelen. Dëst sinn zwou Mesuren, déi deene betraffene Leit immens entgéintkommen an hir jeewelleg Situatiounen definitiv verbessere wäerten.

Doriwwer eraus, Dir Dammen an Dir Hären, gesäit dëse Projet de loi och d'Aféierung vun enger neier Kategorie vun Openthaltsgeneemegung vir fir Leit, déi net aus engem EU-Land sinn. Et handelt sech ëm den Droit de séjour pour investisseurs.

Et gi véier Méiglechkeete fir esou en Droit de séjour geschafen.

Éischstens, et investéiert ee 500.000 Euro fir weinstens fënnf Joer an eng lëtzebuergesch Entreprise, an ergo erhält een domadder jo och dann déi Aarbechtsplazen an där Entreprise.

Zweetens, et investéiert ee 500.000 Euro, fir eng nei Entreprise ze grënnen. An dobäi muss ee sech engagéieren, weinstens fënnf Aarbechtsplazen ze kreéieren, an dat selbstverständlech an Zesummenaarbecht mat der ADEM.

Dës zwou Méiglechkeete viséiere virun allem Entrepreneuren a ginn dem Wirtschaftsministerium d'Méiglechkeet, gezielt Investisseuren a bestëmmtene Beräicher unzezielen. Beräicher, déi fir esou Investitiounen op sinn, ginn iwwer e Règlement grand-ducal définéiert a kënnen esou mat der Zäit un eis Besoinen ugepasst ginn. Ausgeschloss sinn natierlech, an dat steet och ganz genau am Gesetz selwer, Entrepreneuren oder Investissementer, déi just am Immobiliengeschäft tätég sinn.

De Règlement grand-ducal, deem am Wirtschaftsministerium ausgeschafft ginn ass, hu mer och an der Kommissioun gewise kritt. An en ass och ugehangen un de PV vun enger vun onse Kommissiounssitzungen.

Drëttens, et investéiert een dräi Milliounen Euro an eng Investitionsstruktur, déi vu Lëtzebuerg aus schafft a weinstens/minimum zwee Mataarbechter beschäftegt.

Oder déi véiert Méiglechkeet ass: Et investéiert een 20 Milliounen Euro bei engem Finanzinstitut zu Lëtzebuerg fir weinstens fënnf Joer.

Dës zwou Mesurë si méi spezifesch fir eis Banken- a Finanzplaz geduecht.

Dëst ass en Droit de séjour fir Leit, déi bereet sinn, Suen hei zu Lëtzebuerg an eis Économie ze investéieren an domat och Lëtzebuerg virunzebréngen. Et ass awer net, wéi dat am Virfeld vu verschiddene Leit duergestallt gouf, esou, dass mer heimadder deene Räichen e Recht géife schafen, sech en Openthaltrecht ze kafen. Et gëllen natierlech fir dësen Titre de séjour fir Drëttstaatler déiselwecht Konditiounen, wéi se fir all déi aner gëllen. Ech ginn lech e Beispill: Wa se d'Land fir méi wéi sechs Méint verloossen, mussen se hiren Titre de séjour ofginn. Also all déi Bestëmmungen, déi fir déi aner gëllen, gëllen och fir déi heite Kategorie vu Leit.

Kucke mer eis emol déi aktuell Gesetzgebung un, dann ass et haut schon am Immigrationgesetz vun 2008 virgesinn, dass jiddwereen, dee fir sech selwer opkomme kann, och eng Demande fir en Droit de séjour pour raisons privées konnt stellen. Ënnert déi Disposition - ech mengen, et ass den Artikel 78 - ass dann effektiv jiddweree gefall, vun der Bomi, vum Bopi, vun der Tatta, vum Monni, déi vun hirer Pensioun kënnen liewen a bei hirer Famill hei zu Lëtzebuerg wollte sinn, bis zur räicher Geschäftsfra oder dem räiche Geschäftsmann.

Mir wëllen déi Kategorië vu Leit méi kloer vuneneen trennen a grad fir d'Investisseuren an déi ganz räich Leit méi kloer a méi streng Dispositionen aféieren, ënner wéi enge Konditiounen si dierfen hei bei eis kommen. Dee Beräich soll also méi transparent a méi streng geregelt gi wéi bis elo.

Iwwregens hu mer als Kommissioun bei deem Punkt e parlamentareschen Amendement abruucht, mir hunn eng Kann-Bestëmmung agesat, déi beseet - ech zitieren -: «Le ministre peut octroyer un titre de séjour pour „investisseur“.» Mir hunn den Text also esou ënformuléiert, dass de Minister den Titre de séjour net muss aushänegen, och wann déi Bestëmmungen erfëllt wären, falls et fondéiert Zweifel zum Beispill un der Honorabilitéit géife ginn.

Ech wëll och soen, et handelt sech hei ëm en Titre de séjour, et handelt sech net ëm e Visa.

Dat ass eppes ganz anescht. Dat ass och oft dobausse verwiesselt ginn.

Am Kader vun der Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft gesäit dëse Projet de loi schlisslech nach d'Aféierung vun engem ganz neie Mechanismus vir, deem den ICT-Standuert Lëtzebuerg férdere soll. Wéi Der wësst, hu mer zu Lëtzebuerg Datenzentren opgebaut, déi als Backup vun Entreprises déngen an am Kader vun deenen hire Business-continuity-Pläng kënnen agesat ginn.

Wann eng Entreprise dann zum Beispill, well op hirem eigentleche Site am Kader vun zum Beispill enger Naturkatastroph d'Infrastrukture komplett zerstéiert goufen, muss op hire Backup hei zu Lëtzebuerg zrëckgräifen, da müssen och eng Rei vun hire Leit kënnen op Lëtzebuerg kommen, fir vun hei aus weider ze schaffen an esou gréisser Ausfäll a Verloschter ze vermeiden.

Fir dass, am Fall, wou dëst eng Firma vun ausserhalb der EU ass, dëst Personal schnell kann op Lëtzebuerg kommen, brauche si och entsprechend schnell eng Geneemegung. Dofir féiere mer am Kader vun eise Immigrationsgesetz eng Prozedur an, wou Entreprises am Virfeld kënnen iwwerpräift ginn an Autorisationen fir bestëmmte Persounen aus hirem Personal ufroen. Dës Leit kënnen am Fall, wou et néideg gëtt, dank dëser Iwwerprüfung am Virfeld, also dëser Preclearance, a ganz kuerzer Zäit eng Autorisation kréien, fir op Lëtzebuerg ze kommen an op de Backup-Zenter vun hirer Firma zouzepräifen.

Fir dass d'Prozeduren, fir eng Autorisation d'établissement hei zu Lëtzebuerg ze kréien, dann och méi effikass kënnen behandelt ginn, gesäit dëse Projet de loi och nach eng Simplification administrative vir, andeems een den zoustännege Beamten en direkten Accès op bestëmmte Fichiere vun Ausländer vum Immigrationministerium erlaabt. Dësen Accès ass awer just méiglech, wann déi betraffe Persoun dozou am Virfeld hiren Accord ginn huet; dëst, fir dass mer d'Protection des données respektéieren.

Niewent deem groussen Hauptvolet, deem déi legal Immigration op Lëtzebuerg betrëfft, huele mer mat deem Projet de loi awer och eng Ännerung um Gesetz iwwert de Centre de rétention vir. Do bewege mer eis also elo an ee ganz anere Kader eran. Mir schwätzen also elo net méi vun der Immigration, mä vum Asyl.

Ech wëll dat nach eemol ganz kloermaachen. Grad am Kader vun den Diskussiounen a verschiddenen Aussoen iwwerall an Europa ass et wichteg, déi Begreffer propper ze trennen. Déi punktuell Upassung soll déi maximal Zäit, déi eng Famill mat mannerjäreg Kanner am Centre de rétention därer placéiert ginn, vun dräi Deeg op siwen Deeg eropsetzen.

Ech wëll drun erënneren, dass mer an deem Fall just nëmme vu Leit schwätzen, deenen hir Demande op Asyl definitiv zrëckgewise gouf, déi also ganz sécher kee Recht op Asyl hei zu Lëtzebuerg hunn. An och bei deem Grupp vu Leit bleift esou e Placement ganz kloer déi allerleschten Optioun, déi geholl gëtt, wa se net zu enger fräiwëlleger Réckféierung an hir Heemecht bereet sinn.

Firwat ass d'Eropsetze vun der Zäit als allerleschten Optioun néideg? D'Praxis weist, dass et hei eng Rei Problemer gouf. Zum enge kënnt et oft vir, dass net jiddweree vun enger Famill doheem ass, wann d'Police se wëllt siche kommen, an dass et an deem kuerzen Zäitraum dann oft net méiglech ass, all d'Familljememberen ze fannen, fir eng Réckféierung ze organiséieren. Vun de Gerichter wësse mer och, dass déi dräi Deeg als Délai ganz enk sinn, fir dass enger Famill hiren eventuelle Recours géint déi Décisioun ka propper ofgehandelt ginn, a schlisslech och, wann dat geléngt, dass sech an deem verbleiwenden Zäitraum meeschtens keng zweet Transportméiglechkeet méi organiséiere loosse a si dofir schlussendlech net kënnen zrëckgeféiert ginn.

Lëtzebuerg huet, grad wat d'Reckféierung oder d'Retoure vu Familljen ugeet, also eng Rei organisatoresch Problemer. Dofir recommandéiert de Conseil vun der Europäescher Unioun op Basis vun enger am leschte Joer duerchgefouerter Evaluatioun vum Fonctionnement vum Schengen-System Lëtzebuerg och eng Rei Mesuren. Mir hunn och déi Evaluatioun vum Ministère weidergeleet kritt. An déi ass den 10. Januar, mengen ech, un all... Déi war um Courrier électronique an déi ass un all d'Membere vun der Kommissioun verschéckt ginn.

Eng vun dëse Mesurë betrëfft d'Upassung vum Délai, fir dass eng Réckféierung dann, wa se stattfanne muss, och méiglech ass. Dat ass déi Mesure, déi mer hei gesinn, dass ee sech e bësse méi Flexibilität muss ginn. Awer nëmme fir déi Fäll, wou et absolutt néideg ass! Ech betounen dat nach eng Kéier.

Nach ass et awer esou, dass et an deem dann eventuell méi laangen Zäitraum vu bis zu siwen Deeg eis Flicht ass, dass dës Famill, virun allem dës Kanner, um Site vum Centre de rétention optimal betreit a begleet ginn. Ech weess aus perséinleche Gespréicher, an ech weess dat och, well ech vill Leit aus dem Centre de rétention kennen, dass ganz vill fir dës Betreuung gemach gëtt. Mä offiziell hu mer doriwwer effektiv kee Bilan.

An dofir, Här President, géif ech lech heimadder eng Motioun déposieren - wann ech gelift -, mat där mer d'Regierung opfuere wëllen, e Bilan vum Fonctionnement a vun der Betreuung am Centre de rétention ze zéien an dobäi och ganz spezifesch op d'Familljen an op d'Kanner anzegoen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

1) *rappelant que dans son programme gouvernemental de 2013, le Gouvernement a annoncé que «Le centre de rétention sera soumis à un premier bilan de son fonctionnement. L'objectif sera de réduire son utilisation autant que possible et de garantir un délai de passage aussi court que possible»;*

2) *considérant qu'en 2014, l'Ombudsman a émis un rapport sur le fonctionnement du centre de rétention, qui a conclu que «La Médiateure est très satisfaite des conditions générales dans lesquelles les retenus séjournent au centre de rétention», tout en émettant un nombre de recommandations pour en améliorer davantage le fonctionnement;*

3) *prenant acte de la prise de position du Commissaire aux droits de l'homme du Conseil de l'Europe du 6 février 2017 et de la réponse du Ministre de l'Immigration et de l'Asile du 7 février 2017;*

4) *insistant que la directive 2008/115/CE du Parlement européen et du Conseil relative aux normes et procédures communes applicables dans les États membres au retour des ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier instaure que «Les mineurs non accompagnés et les familles comportant des mineurs ne sont placés en rétention qu'en dernier ressort et pour la période appropriée la plus brève possible»;*

5) *rappelant que cette disposition est actuellement traduite en droit national par la loi du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire par son article 22 qui prévoit que «Les mineurs ne peuvent être placés en rétention qu'à titre de mesure de dernier ressort et après qu'il a été établi que d'autres mesures moins coercitives ne peuvent être appliquées efficacement», ainsi que par la loi du 28 mai 2009 portant création et organisation du centre de rétention qui définit la période appropriée la plus brève possible comme étant de 72 heures;*

6) *notant que la pratique des dernières années a montré que ce délai de 72 heures entraîne des contraintes au niveau de l'organisation des retours et est trop serré pour les juridictions administratives saisies d'une requête de référé et que, par conséquent, des éloignements n'ont pas pu être menés à bien;*

7) *concluant qu'il est justifiable d'augmenter le délai maximal de placement au centre de rétention des familles de 72 heures à sept jours en tant que mesure de dernier ressort, comme prévu par le projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le centre de rétention;*

8) *convaincue qu'il sera par la suite d'autant plus important de veiller à un logement adéquat et un encadrement optimal des familles et des mineurs en particulier,*

invite le Gouvernement

- à établir le bilan de fonctionnement annoncé dans le programme gouvernemental;

- à tenir compte dans ce bilan en particulier des recommandations faites par l'Ombudsman en 2014 et des actions prises en conséquence;

- à inclure également les chiffres des dernières années de familles placées au centre de rétention et de la durée moyenne de leur placement, ainsi que les règles mises en pratique pour accueillir et encadrer les familles et les mineurs en particulier;

- à veiller en pratique, comme dans le passé, que les mineurs non accompagnés et les familles comportant des mineurs ne soient placés en rétention qu'en dernier ressort et pour la période la plus brève possible, de sorte que la durée maximale ne soit atteinte que pour des cas exceptionnels;

- à présenter les conclusions de ce bilan à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.



(s.) Marc Angel, Claude Adam, Gusty Graas, Fer-
nand Kartheiser, Laurent Mosar.

De schréftleche Rapport zu mengem Projet de loi gouf den 9. Januar an der zoustänneger Kommissioun vun de Verrieder vun den dräi Majoritéitsparteien a vun den CSV-Verrieder guttgeheescht. Enthalen huet sech den ADR-Verrieder. Domat waren dann d'Aarbechten an der Kommissioun ofgeschloss.

Als Rapporteur an als President wëll ech alle Membere Merci soe fir déi interessant Diskus-
sionen, déi mer haten, a fir d'Ënnerstëtzung vu villen Deputéierte beim Ausschaffe vun den Amendementer.

Här President, heimadde wär mäi mëndleche Rapport ofgeschloss an ech ginn och den Ac-
cord vun... Ech soen lech fir d'Éischt emol Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn lech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Wann Der erlaabt, géif ech och kuerz déi Mo-
tioun virstellen, déi ech hei agereecht hunn a wou ech frou sinn, dass all déi Parteien, déi Verrieder an der aussepolitescher Kom-
missioun hunn, déi Motioun och matdroen. Mir rappeliéieren an där Motioun, dass am Regie-
rungsprogramm drasteet, dass d'Regierung géif e Bilan virleeë vum Centre de rétention, also iwwert de Fonctionnement. An den Objek-
tiv vun esou engem Bilan wär «de réduire son utilisation autant que possible et de garantir un délai de passage aussi court que possible». Ech zitieren de Regierungsprogramm.

An där Motioun weise mer och op de Bericht vun 2014 vum Ombudsmann hin. An ech zi-
téieren och hei, wat do drasteet, dass si «conclu» huet «que la Médiateure est très satis-
faite des conditions générales dans lesquelles les retenus séjournent au centre de rétention». Um Rapport vum Ombudsmann ass och e ganzt Dokument vu Commentairen a Reak-
tiounen vu verschiddene Ministèren an Adminis-
tratiounen ugehaangen, wou schonn eng ganz Rei Recommandatiounen dra sinn, déi och schonn ëmgesat goufen.

Dann huele mer och Akt vun deem Communi-
qué, deem de Commissaire vun den Droits de l'homme op sengem Internetsite gemaach huet zu Stroosbuerg, dee vum Conseil de l'E-
urope, an natierlech awer och déi Äntwert vum Minister vun der Immigration a vum Asyl vum 7. Februar; also vu gëschter.

Da referéiere mer eis op d'Direktiv vun 2008, déi natierlech seet, dass d'Mineuren an d'Fa-
millje mussen (veuillez lire: musse placéiert ginn) «pour la période appropriée la plus brève possible», wann et zur Retentioun kënn. Dat nämlecht hu mer jo och am Gesetz vun eis nach eng Kéier wirklech marteléiert, am Ge-
setz vun 2015.

An dann notéiere mer natierlech, an ech hunn dat virdun erkläert, dat hu mer och laang an der Kommissioun diskutéiert, firwat et a ganz Ausnahmefäll net méiglech ass, an deenen 72 Stonnen eng Réckféierung duerchzeféieren.

An da si mer awer iwwerzeegt, dass et dofir ganz wichteg ass, dass mer an deem Centre de rétention derfir suerge mussen, dass Familljen do adequat logéiert sinn. Mir wëssen, wéi mer de Projet gestëmmt hunn, dass et eng extra Abteilung do gëtt fir Familljen. Ech mengen, dat muss garantéiert sinn. An dofir invitéiere mer d'Regierung, eis dee Bilan de fonctionne-
ment, dee se annoncéiert huet, virum Summer virzeleeën.

Mir soen och, alles, wat d'Ombudsmann 2014 gesot huet, soll do mat eraflëssen, dass mer awer och an deem Bilan emol Zuele kréien. Da gesäit een och, wéi kuerz d'Dauer am Fong ass. Et ass einfach am Sënn vun der Transparenz, dass mer d'Zuele kréien an och d'Regelen, wéi do Familljen accueilléiert ginn an och enca-
dréiert ginn, wat do mat de Famillje geschitt a wéi do d'Kanner betreit ginn.

An dann invitéiere mer d'Regierung nach eng Kéier, derfir ze surgen, wéi an der Ver-
gaangenheet, dass Mineuren, déi net accom-
pagnéiert sinn, a Familljen esou kuerz wéi méiglech an esou weéne wéi méiglech do an de Centre de rétention kommen an dass dat wirklech exzeptionell bleift. A mir froen d'Re-
gierung dann, dass se der aussepolitescher Kommissioun, déi sech jo och mat Immigra-
tiounsfroe beschäftegt, dee Bilan virleet an dass mer deen dann zesumme kënnen diskutéieren.

Dat gesot, soen ech och hei nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Laurent Mosar fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, dee mer de Mëtten hei diskuté-
ren, transposéiert u sech zwou Direktiven, dëst am Kontext vun der Immigrationpolitik vun der Europäescher Unioun.

D'Immigration, an den Här Rapporteur huet dat och scho virdun ënnerstrach, ass och ee vun de Pfeilere vun eiser lëtzebuergescher Wirt-
schaft nach ëmmer gewiescht a wäert et och sécherlech an deenen nächste Jore weider bleiwen. An enger globaliséierter Welt, wou den Handel zwëschen europäeschen, awer och aussereuropäesche Länner permanent an d'Luucht geet, ass och eng lëtzebuergesch Wirtschaft weider op qualifizéiert, kompetent an engagéiert Mënschen ugewisen, déi och ëmmer méi vun ausserhalb vun der Europä-
escher Unioun kommen.

Ganz besonnesch a Secteur wéi der Re-
cherche, der Innovation, awer och am ICT-Beräich si mer ganz besonnesch op esou Leit ugewisen. An nach virun e puer Wochen huet hei den zoustänneg Minister op d'Wich-
tegkeet vu Start-uppen an eise Land higewi-
sen. Och besonnesch an esou engem Secteur vu Start-uppen brauch een héich qualifizéiert Aarbechtskräften, déi ee sécherlech net eleng hei zu Lëtzebuerg an och emol net nëmmen an der Europäescher Unioun fënnt.

Ech schécken dofir och direkt viraus, dass mir dëse Projet begrëssen an en och wäerte mat-
droen. De Kolleeg Rapporteur Marc Angel huet, wéi mir dat vun him gewinnt sinn, an engem exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport am Detail déi wesentlech Neierunge vun dësem Projet erkläert, soudatt ech mech hei wirklech kann op eng Rei vu Re-
marquë limitéieren, andeem ech awer natier-
lech dem Rapporteur e grouse Merci fir säin Engagement och an dësem mënschlech komplizierten Dossier soen an em och nach eng Kéier Merci soe fir déi Motioun, wou en d'Ini-
tiativ geholl huet, déi eranzebréngen, déi mir och natierlech mat ënnerschriften hunn an och wäerte matstëmmen.

Här President, dëse Projet huet, an de Rapporteur huet et virdun erkläert, natierlech virun allem e wirtschaftleche Volet, op deen ech och nach wäert agoen. Dëse Projet regelt awer och d'Zesummefféierung vun de Familljen an d'Konditiounen vun der Retentioun vun ofgewisenen Asyldeemandeuren.

Erlaabt mer dofir och vläicht hei eng Virre-
marque. Am Moment ass d'Thema Immigra-
tioun jo vläicht dat, dat am meeschte Mën-
schen hei am Land, awer och dobausse be-
réiert. An och ganz besonnesch um euro-
päeschen Niveau ass et vläicht dat, dat déi gréissten Erausforderunge fir den europäesche Kontinent och an deenen nächste Jore wäert duerstellen.

Haut an hei ass net d'Geleeënheet, fir op déi europäesch Asyl- an Immigrationpolitik anze-
goen. Dofir wäerte mer, Här Aussen- an Immi-
grationsminister, sécherlech d'Geleeënheet kréie bei der aussepolitescher Debat.

Ech wëll awer trotzdem haut vun dësem Pro-
jet de loi profitéieren, fir op déi absolut Nout-
wendegkeet hinweisen an der Europäescher Unioun, awer och an eise Land, fir dass mer Weeër fanne fir eng legal Immigration, ouni déi mer sécherlech déi enorm Erausfuerde-
rung vun der Asylpolitik net wäerte schëlleren. Dës legal Immigration ass awer och wichteg fir eng kleng Économie wéi déi lëtzebuergesch, well et fir ganz vill Entrepreneuren och bei eis am Land ëmmer méi schwéier gëtt, kompetent Aarbechtskräften nach iwwerhaupt an der Eu-
ropäescher Unioun ze fannen.

Och dofir mäin Appell, mengen ech, un eis an lech alleguer, dass mir eis wirklech an deenen nächste Woche seriö iwwerleeën, wéi een an Zukunft eng legal Immigration kann an der Europäescher Unioun, awer och an eise Land organiséieren. D'CSV-Fraktioun ass op jidde Fall bereet, sech dësen Diskussiounen ze stellen an och a Richtung vun esou enger legaler Immi-
gration matzegoen.

Dat gesot, Här President, erlaabt mer dann awer nach eng Kéier op déi wichtegst Nei-
erunge vun dësem Projet, och wat de wirtschaft-
lechen Aspekt ugeet, zrëckzekommen.

Fir d'Éischt, an de Rapporteur huet dat am De-
tail erkläert, gëtt nach eng Kéier d'Notioun vum sougenannten „Investisseur“ méi prezis definéiert an och beschriwwen, ganz beson-
nesch wat d'Konditiounen sinn, déi esou en In-
vestisseur muss an Zukunft erfëllen, fir dann iwwerhaupt kënnen an de Genoss vun enger Openhaltsgeneemegung fir sech, awer iwwre-
gens och fir seng Famill ze kommen.

Ech begrëssen dofir och, dass mer an dësem Projet dës Konditiounen preziséieren, well dat war bis elo net ëmmer esou kloer an deem Ge-

setzestext. An hei, mengen ech, weess elo jidd-
wereen, dee sech dofir interesséiert, wat e muss an Zukunft fir Kritären a Konditiounen er-
fëllen.

Eng zweet ganz wichteg Neierung ass déi vun der sougenanntener „Continuité d'activité“, déi et Investisseuren awer och Entrepreneuren er-
laabt, eng Openhaltsgeneemegung hei bei eis am Land ze kréie fir eng Iwwergangszäit, déi et hinnen erlaabt, hir Aktivitéiten hei zu Lëtze-
buerg virunzeféieren, soulaang dat an hirem Ursprungsland net méiglech ass.

Déi drëtt grouss Neierung ass déi vum souge-
nantenen „Transfert intra-groupe“, déi och an dësem Projet de loi nach eng Kéier preziséiert gëtt, wat och fir mech eng absolutt Noutwen-
degkeet ass. En Transfer vun Aarbechtskräften innerhalb vun engem Grupp huet nämlech an deene leschte Joren oft fir vill Froen, awer och fir vill Problemer an der Praxis gesuergt. An et ass zum Deel och heiansdo souguer als eng Brems fir weider Investissementer bei eis am Land duergestallt ginn.

Ech begrëssen dofir, dass d'Konditiounen fir esou Transfere elo nach eng Kéier méi kloer an dësem Text preziséiert ginn. An dës Mesu-
ren zesummegeholl, déi dräi, déi ech elo hei ausgeféiert hunn, wäerte sécherlech derzou bäidroen, d'Attraktivitéit vum Wirtschaftsstand-
uert Lëtzebuerg ze verbessern. Besonnesch a Post-Brexit-Zäiten, an Zäiten also, wou eng Rei vu potenziellen Investisseuren mat Argusaugen kucken, wou se sech da kënnen implantéieren, hunn esou Mesurë sécherlech de Meritt, dass se eis Attraktivitéit nach eng Kéier wäerte vergréis-
seren.

Här President, eng Suerg, déi mir als CSV-Frak-
tioun allerdéngs hunn, an déi deelen ech mat der Chambre de Commerce, ass, wa mer elo dat Gesetz haut de Mëtten hei ugeholl hunn - Här Immigrationminister, ech riichte mech och do ganz besonnesch un lech -, dass et zu enger ganz enker Zesummenaarbecht zwë-
schen Arem Ministère a ganz besonnesch deem vun der Économie op dësem Punkt wäert kommen. Well loosse mir eis näischt...

► **Une voix.** - An de Finanzen.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - De Finanze bien entendu och.

Well loosse mer eis näischt virmaachen: De Succès vun dësem Gesetz steet a fält mat senger Ëmsetzung, awer och mat der alldiegle-
cher Handhabung. An do géif ech mer wën-
schen, dass hei géif zesumme gekuckt gi mam Wirtschaftsministère a Finanzministère, Här Im-
migrations- an Ausseminister, dass d'De-
mandé vun Investisseuren och kéinten op eng méiglechst onkomplizéiert an effizient Aart a Weis traitéiert ginn. Mir hunn de Mëtten en anert wichtegt Gesetz hei gestëmmt: d'Simpli-
fication administrative. Ech géif mer och wën-
schen, dass direkt bei dësem Text dës Simpli-
fication administrative voll géif spillen.

Wat elo de Punkt vun der Familljenzesumme-
féierung betrëfft, verstopen ech lech net, dass déi Formulatiounen, déi elo am Gesetz virgesi sinn, eis e bësselche flou schéngen ze sinn an och Raum fir vill Interpretatiounen zouloossen. Mir hätten eis gewünscht a mir hunn dat d'ail-
leurs och an der Kommissioun gesot, dass een an dësem Text vläicht e bësselche méi prezi-
séiert hätt, bis zu wat fir engem Degré de pa-
renté déi Zesummefféierung vu Famillje géif goen. Ech hunn awer Verständnis, dass e Minis-
ter sech hei wëllt eng gewësse Marge de ma-
nœuvre virbehalen a reservéieren. Nach hätte mir eis trotzdem gewünscht, wann hei e bës-
selche méi prezis déi verschidde Kategorië vu Familljen definéiert gi wäeren.

(Interruption)

Jo.

► **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigra-
tion et de l'Asile.** - Här President, ech wëll eppes do soen. Also, ech mengen, mir hu weider näischt am Kapp, wéi och d'Famille nucléaire do ze viséieren. Also d'Famille nucléaire, erop an erof.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Okay. Merci fir d'Prezisioun.

► **M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigra-
tion et de l'Asile.** - Voilà!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Präsident, ech wëll mech dann zum Schluss vu menger Interventioun trotzdem nach mat zwee Punkte beschäftegen, déi ganz besonnesch an de leschten Deeg am Mëttelpunkt vun den Dis-
kussiounen stoungen an déi och fir eng Rei Welle gesuergt hunn.

Éischts, déi Dispositioun, déi d'Dauer vun der Retentioun vun 72 Stonnen, also dräi Deeg, op elo siwen Deeg eropsetzt. Dës Verlän-
gerung gëtt vum Ministère domadder moti-
viert, dass et an der Praxis äusserst schwierig wär, an engem Délai vun 72 Stonne Mënschen, déi sollen zrëckgeféiert ginn, am Centre de ré-

tention ze regruppéieren an duerno hir Réck-
féierung duerchzeféieren.

Déi verschidden ONGen, awer och de Mën-
scherechtsrot, déi dës Moosnam kritiséieren, weise mat Recht op d'Situatioun vun de Kanner a Mannerjäregen hin, déi net sollen esou laang an engem Centre de rétention festgehalte ginn.

Mir deelen d'Suerge vun all deenen Associa-
tiounen, dass hei alles muss ënnerholl ginn, fir keng Mannerjäreg a Kanner iwwer en Zäitraum vun 72 Stonnen, dee scho fir Kanner extrême-
ment laang ass, an esou engem Centre festze-
halen. Mir hunn awer och Verständnis fir d'Im-
perativer vun enger koordinéierter an enger or-
ganiséierter Réckféierung. An dofir si mir och prinzipiell averstane mat der proposéierter Ver-
längerung.

Mir wëllen awer haut hei, an d'Motioun vum Här Angel geet e bëssen an déiselwech Richtung, en Appell un den Immigrationsmi-
nister riichten, fir alles ze ënnerhuelen, fir ze evitéieren, Här Minister, dass Kanner a Manner-
järeg, wa se da schonn onbedéngt mussen, iwwert deen Délai vun dräi Deeg festgehalte ginn. Sollt dat awer aus exceptionnelle Mesu-
ren net ze evitéiere sinn, Här President, muss eiser Meinung no wierklech séchergestallt ginn, dass déi Kanner a Mannerjäreg eng psychologisch an och en aneren Encadrement kréien, fir hiren Openhalt esou gutt an esou kannergerecht wéi méiglech ze organiséieren.

Mir géifen dofir och nach eng Kéier en Appell un lech, Här Immigrationminister, riichten, wa Kanner scho mussen iwwert den Délai vun 72 Stonnen an esou engem Centre de réten-
tion bleiwen, dass dat wierklech déi absolutt Exceptioun muss bleiwen! Dat dierf op kee Fall iergendwéi zu engem Prinzip ginn. An ech mengen, dass dat d'ailleurs eng Meinung ass, déi quasiment hei vum ganzen Haus gedeelt gëtt. A mir wäre frou... Mir wëssen och, Här Immigrationminister, dass Dir ëmmer en hu-
manen Émgang mat Flüchtlinge préconiséiert. Duerfir si mer och der Iwwerzeegung, dass mer eis, wat den Émgang besonnesch hei mat Kanner a mat Mannerjäregen ugeet, och do kënnen op lech verloossen.

Här President, dat gesot, wëll ech awer dann nach ganz kuerz op déi geplangte Reaffekta-
tioun vun der Hal 6 vun der Luxexpo als Centre de rétention agoen. Do ware mir dach e bës-
selchen erstaunt, Här Immigrationminister, wéi Der d'leschte Kéier bei eis an der Kommis-
sioun waart an eis do en long et en large d'eu-
ropäesch Asylpolitik explizéiert hutt, a mer dunn owes de Radio gelauschert hunn an du gewuer gi sinn, dass elo op eemol sollt d'Luxexpo als Centre de rétention ëmfonction-
néiert ginn.

Mir hätten eis wierklech gewünscht, dass, wann en Immigrationminister schonn an d'Cham-
ber kënn, an e woussst dat jo och dee Mo-
ment, en eis dat do vläicht och scho mat-
gedeelt hätt. Dat hätt eis nämlech och d'Méiglechkeet ginn, Här President, och do déi ganz vill Froen ze stellen, déi sech trotzdem an deem Kontext vun där Reorganisatioun do stellen.

A mir mengen och, dass eng transparent Regie-
rungsolitik an och eng konstruktiv Zesum-
menaarbecht mat der Chamber, déi mer eigentlech ëmmer vum Ausseminister a vum Immigrationminister gewinnt sinn, eigent-
lech e bësselchen aneschtens ausgesäit wéi an dësem Fall eben.

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Här President!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ja.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Entschëllegt, Här Mosar. Sidd Der d'accord, dass den Här Angel eng Fro stellt?

(Assentiment)

Gutt.

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Wann den Här Mosar erlaabt, ech wëll him just kuerz soen: Jo, de Minister huet an där Sitzung net doriwwer geschwat, mä mir haten de Minis-
ter... Ech wollt lech froen, ob Der lech drun erënnert, dass mer de Minister am Dezember do haten, de 16., wou mer extra e Punkt op den Ordre du jour gesat haten, deem Dir gefrot hat iwwert d'Immigration. An do huet en net d'Luxexpo genannt, mä en huet awer schonn erkläert, dass se un enger Aart Structure d'hé-
bergement d'urgence géife schaffen; wéi en eis d'Problematisik vun de Retoure vun all den Du-
blin-Fäll erkläert huet. Mir haten dat uge-
schwat, natierlech net d'Luxexpo genannt, mä d'Iddi ass awer schonn deemools undiskutéiert ginn.

An ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister nach ganz oft an d'Kommissioun wäert kommen, fir eis iwwert dee Projet ze berichten. Dofir wäert ech als President och surgen. Merci.



► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat wësse mer, Här President, datt Dir en engagéierte President sidd. Ech menge just awer, erlaabt mer dat ze soen, well ech net deen eenzege Kolleeg hei am Haus sinn, deen trotzdeem e bësselchen erstaunt war, nodeems mer laang iwwert déi Thematik geschwat hunn, dat trotzdeem owes an den Noriichten ze héieren.

Ech wëll dann awer och direkt am Numm vu menger Fraktioun soen, datt mir eis prinzipiell kënnen domadder averstanen erklären, datt een elo hei eng Trennung mécht zwëschent deenen Demandeurs d'asile, deenen hir Demande nach unhängeg ass, an deenen, déi definitiv deboutéiert gi si respektiv déi sech soss aus anere Grënn illegal hei ophalen.

Mir kënnen och déi Argumentatioun vun der Regierung fir esou eng Trennung novollzéien. Allerdéngs, an dat verstoppen ech awer och net, stelle mir eis awer eng Rei vu Froen, wat de Site a ganz besonnesch och d'praktesch Organisatioun vun deem Centre de rétention semi-ouvert, esou wéi e vun der Regierung qualifizéiert gëtt, betrëfft.

Fir d'Éischt, Här President, wat de Site vun der Luxexpo ugeet. Et war net méi spéit wéi gëschter an der geschriwwener Press ze liesen, datt d'Direktioun vun der Luxexpo sech trotzdeem eng Rei vu berechtegte Froe géif stellen, op déi et gutt wär, wann och hei et géif vläicht de Mëtten Antwerte ginn. Well ech mengen, déi Froen, déi sech do vun de Responsabele vun der Luxexpo gestallt ginn, gi sech och vu ganz ville Leit dobause gestallt.

Mir sinn eis, an ech sinn dovun iwwerzeegt, och an deem Haus eens, datt déi Mënschen, déi an Zukunft an deem Centre de rétention do wäerte placéiert ginn, a vun deene mer allequerte wëssen, datt et jo déi sinn, déi guer keng Bleiweperspektiv méi an eise Land hunn, sécherlech net déi Einfachst sinn, wat hiren Encadrement ugeet. Dat läit eben nun an der Natur vun der Saach. A mir verstinn dofir och d'Suergen, déi hei trotzdeem vun de Bedreier vun der Luxexpo artikuliert ginn, ganz besonnesch op deem Punkt, wat d'Sécherheet ugeet.

Mir wären dofir frou, Här Minister, wann Dir eis vläicht kéint och eng Rei zousätzlech Erklärungen ginn, wat justement d'Sécherheet an awer och ronderëm déi Hal 6 ugeet, a wéi dat notament och praktesch organiséiert gëtt, wa grouss Foiren oder Ausstellungen an der Luxexpo wäerte stattfannen.

Doriwwer eraus stelle mir eis awer och Froen, wéi dese Centre de rétention semi-ouvert an der Praxis soll fonctionnéieren, wann de Minister hei, wéi gesot, vun esou engem Régime de semi-ouvertur schwätzt, deen, esou hu mir dat verstanen, soll esou fonctionnéieren, datt d'Mënschen, déi do sinn, am Dag kënnen fräi zirkuléieren, awer eng Obligatioun hunn, fir owes an der Nuecht erëm an dee Centre zrëckzekommen, wëssend, datt et sech jo hei ëm Mënschen handelt, fir déi et ganz kloer ass, datt dat hir lescht Etag hei am Land ass, ier se zrëckgefuert ginn, wou een also weess, datt eng Rei vun deene Leit alles wäerte probéieren, fir net mussen zrëckgefuert ze ginn. An dofir stelle mir eis Froen, wéi dat an der Praxis soll fonctionnéieren, wann awer dee Centre de rétention am Dag op ass a just owes zou ass.

Wéi gëtt do garantéiert, datt déi Leit, déi dann iergendwéi am Délai vun enger Woch sollen heemgefuert ginn, wéi gëtt do geséichert, datt déi net awer an der Zwëschenzäit erëm iergendwéi an der Natur verschwannen?

En anere Punkt, deen eis och an deem Kontext Suerge mécht, ass deen, datt sech hei och eng ganz diversifiéiert Populatioun wäert erëmfannen: op där enger Säit, an dat ass och scho viru gesot ginn, Demandeur-d'asilen, déi iergendwou an der Europäescher Unioun eng Demande gemaach hunn op Basis vum Dublin-Traité, déi also an en anert europäescht Land zrëckgeschéckt ginn; op där anerer Säit hu mer der awer och, déi zrëckgeféiert ginn, well se an hirer Prozedur definitiv ofgewise ginn. A mir hunn do e bësse Problemer, fir eis virzustellen, wéi och dat Zesummeliwien do an der Praxis wäert fonctionnéieren.

Ech hu virdrun d'Thematik vun de Kanner an de Mannerjäreng ugeschwat. Och hei an deem Centre de rétention stelle mir eis natierlech genau déiselwecht Froen: Wéi ginn d'Kanner an d'Mannerjäreger och hei an deser Struktur encadréiert? An do wäre mer ganz frou, wann de Minister eis vläicht och dozou herno eng Rei Explikatioune kéint ginn.

Ech wëll hei mat de Froen ophalen. Et gëtt der sécherlech nach ganz vill, déi ze stelle wäeren. Mä ech sinn och iwwerzeegt, datt et haut sécherlech net déi leschte Kéier wäert sinn, wou mer iwwert déi ganz Thematik hei schwätzen.

Dat gesot, Här President, nach eng Kéier, begrësse mir dese Projet, deen eng ganz Rei vu Verbesserungen an enger mënschlech a poli-

tesch schwiereger Thematik beinhaltet, ganz besonnesch mat d'Prozedur vun den Openthaltsgeneemungen, awer och der Familienzouféierung betrëfft, och, an ech hunn dat, mengen ech, elo in extenso hei ausgefuert, wann eng ganz Rei vu Froen opstoe bleiwen.

Ech bréngen dofir och am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu deem Projet a soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas fir d'DP.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech mengen, eist Land huet jo eng ganz grouss Traditioun, wat d'Awanderung ubelaangt. 1871 hu bei eis 5.872 Auslänner gewunnt.

(**M. Henri Kox prend la présidence.**)

An zënter dem 19. Jorhonnert stelle mer jiddefalls eng steigend Migratioun fest.

An den 20er Jore vum leschte Jorhonnert ass den Undeel du bedeitend an d'Luucht gaangen. An zwar hate mer der 1922 33.000 an 1930 waren dat der scho 56.000. Iwwregens war dat och gréisstendeels aus wirtschaftleche Grënn, datt déi Leit bei eis komm sinn, soudatt dat u sech keen neit Phenomeen ass. Dat kenne mer also praktesch vun Ufank u vun der Geschicht iwwert d'Immigratioun hei zu Lëtzebuerg.

No den Däitsche waren et iwwregens d'Italier an dunn an de 60er Joren d'Portugisen, déi op Lëtzebuerg komm sinn. Dat awer och duerch eng Rei vu Konventiounen, bilaterale Konventiounen, déi mat deenen eenzelne Länner ofgeschloss goufen.

Haut zielt Lëtzebuerg 269.200 Auslänner. Dat ass en extrem héijen Taux, Tendenz steigend. Do muss een allerdéngs direkt hannerdro soen: Wat wier dëst Land, ouni déi vill Matbierger, déi net eis Nationalitéit hunn? Hätte mer deen héijen Niveau? Hätte mer dat modernt Land kënnen opbauen, ouni, wéi gesot, hire Secours?

An deesen Zäiten huet d'Migratioun natierlech elo eng aner Ausrichtung. Et sinn och aner Leit, déi bei eis kommen. Haaptsächlech Leit vum Balkan, awer virun allem och aus Krisgebiddern, Stéchuert Syrien. Et sinn natierlech deementspriedend och aner Kulturen, déi hei zu Lëtzebuerg méi präsent sinn, wéi gesot och bedéngt duerch de Balkan, wouhier iwwregens 40% vun de Migranten kommen.

Et kann ee jiddefalls och behaupten, datt eist Land an deene leschte Jorzéngte grouss Ustrenge gemaach huet, fir, wéi gesot, déi Well vun Immigranten gutt ze organiséieren, gutt ze encadréieren. Op där anerer Säit hu mer awer och versicht, d'Integratioun an all deene Jore staark weiderzeféieren. An dat war och richtig an dat war och gutt esou. A mir wäerten och nach an der Zukunft mat enger Rei vu Projekte befaasst ginn, déi d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg nach wäerte verstärken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi scho gesot, tëschent der Migratioun an der Ekonomie besteet natierlech eng enk Relatioun. Mir wëssen, datt ganz vill Leit op Lëtzebuerg aus reng wirtschaftlechen Ursaache kommen, well se eben an hire Länner keng Perspektiv méi hunn. Mir maachen op där anerer Säit natierlech och d'Diere grouss op fir eng Rei vu Leit, fir datt se sollen op Lëtzebuerg kommen, well se ebe gewësse Fäegkeeten hunn, well se gewësse Capacitéiten hunn.

Dat ass iwwregens eng Politik, déi net nëmme reng nationale Charakter huet. Mir hunn och eng gutt Koordinatioun um europäesche Plang. Ech wëll och hei un de Programm vu La Haye aus dem Joer 2004 erënneren.

Allerdéngs dierf een elo net de Feeler maachen a mengen, d'Migratioun wär just nëmme e Volet vun der Ekonomie an d'Leit kéimen nëmme aus deene Grënn heihinner. Mir wëssen, wéi gesot a verstärkt an deene leschte Joren, datt et awer virun allem och Leit sinn, déi keng Perspektiv méi an hire Länner hunn, bedéngt duerch déi politesch Onstabilitéit, bedéngt do duerch, datt se verfollegt gi wéinst hirer Rass, wéinst hirer Relioun, jo, souguer wéinst hirer sexueller Orientatioun. Mir wëssen och, datt domadder ganz vill mënschlech Tragédië verbonne sinn.

Am Projet vun haut geet et natierlech elo méi spezifesch ëm Leit, déi heihinner schaffe kommen, déi hei studéieren. An et ass och gutt, datt dee Kader elo nach zousätzlech verbessert gëtt. Jiddefalls, mir als Demokratesch Partei gesinn dat ganz positiv, datt mer hei zousätzlech eben elo versichen, e Rechtsraum ze schafen, wou dann, wéi gesot, den Accueil vun deene Leit nach méi gefestegt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen et jo, datt mer besonnesch an eiser Ekonomie eng Rei vu Secteuren hunn, wou et schwierig ass, gutt héich qualifizéiert Leit ze rekrutéieren. Den indigène Maart gëtt do oft net genuch Aarbechter hier, soudatt mer natierlech drop ugewise sinn, fir, wéi gesot, op Demanden, déi vu baussen erakommen, positiv ze reagéieren. Ech denken zum Beispill un technesch Beräicher, ech denken un d'Logistik, ech denken awer och un den Tourismus. An da muss een och ënnersträichen, datt jo d'Fonction publique haut och zu engem Deel op ass fir Netlëtzebuerger, a schlussendlech: Wat wär eis Arméi, wa mer déi net viru Jore fir Netlëtzebuerger opgemaach hätten?

Mir sollen also manner Angscht hunn an dat positiv gesinn, wa mer Leit an eist Land eranhuelen, déi net eis Sprooch schwätzen, déi net eis Kultur a priori verrieden. Mä mir sollen eis och bewosst sinn, wat dat och fir eng Villfalt ka bedeuten, déi positiv Konsequenzen, ouni Zweifel, fir d'Entwécklung vun deem Land huet an, wéi gesot, besonnesch Leit, déi aus Drëttstate kommen.

An deem Text geet et jo an éischter Linn emol ëm d'Saisonieren. Dat ass e Begrëff, deen engem elo vläicht éischter bekannt ass aus dem Wäibau, dem Tourismus oder der Landwirtschaft. Et ass kloer, datt et verschidde Secteuren ebe gëtt, wou een zousätzlech Aarbechtskräfte während enger gewëssener Period am Joer brauch. Et dierf een och net vergiessen, datt et souguer Leit sinn, déi sech extra Congé huelen, fir dann op Lëtzebuerg ze kommen, fir dann hei där Aarbecht kënnen nozegoen.

An et ass mer en Evenement am Kapp elo hänke bliwwen: Wéi elo déi Héichwaasserkatastrophen am lernzdall war, ass mer gesot ginn, datt zum Beispill deen Opbau net hätt kënnen esou séier iwwert d'Bün goen, wann net, et waren zwar Polen, also elo net Leit aus Drëttstaten, mä et ass egal, Leit, déi extra heihinnerkomm sinn, déi wierklech eng enorm Aarbecht do geleescht hunn. Och do gesäit een, datt an esou Situatiounen et awer och wichtig ass, wa mer kënnen op auslännesch Aarbechtskräften zrëckgräifen.

Duerfir ass et fir eis och ganz evident, datt elo an Zukunft deen Encadrement, dee legislativen Encadrement, dee reglementaresche Kader besser organiséiert gëtt an datt och déi Leit déiselwecht Rechter kréie wéi Aarbechtsneemer hei zu Lëtzebuerg. Fir eis ass dat, wéi gesot, ganz richtig, datt mer elo op dee Wee ginn, well och déi Leit solle mat darselwechter Dignitéit behandelt ginn a si sollen och op e geschützte Rechtskader zrëckgräife kënnen.

Och d'Patronen hu jo all Interesse, datt jo awer déi Relatioun mat deenen Aarbechtskräften - an, wéi gesot, hei geet et jo ëm Leit aus Drëttstaten - och konform geregelt gëtt. Ech mengen, et ass och fir si awer wichtig, wa se wëssen, datt kee Feelverhalten deementspriedend kann optrieden.

Desen Text berout natierlech, wéi scho virdrun och hei gesot ginn ass, op EU-Direktiven. Europa gëtt jo esou gäre schlechtgeriet an deesen Zäiten an, wat jo ëmmer méi traureg ass, och op allerhéchstem politeschen Niveau, ouni dat elo hei ze verdéiwen. An ech mengen, duerfir grad soll een déi - an ech hoffen, datt et der awer nach ëmmer vill sinn, déi un Europa gleewen - drop hiweisen, wat Europa awer ka bedeuten. An hei ass erëm e ganz gutt Beispill, wéi mer kënnen awer och dee Bannemaart aneschtters gestalten, aneschtters organiséieren, och vis-à-vis vun Entreprises, déi hire Sëtz ausserhalb der Europäescher Unioun hunn, déi och dann awer zäitweis Personal innerhalb der EU transitéieren müssen. Dat sinn awer och Elementer, déi wichtig si fir eng Ekonomie, déi sech gutt soll entwéckelen innerhalb vun Europa.

Natierlech muss ee bei esou Systemer och vigilant sinn. Natierlech muss een oppassen, datt net Leit vun engem System do abuséieren. Duerfir ass et evident, datt eng Rei Bremsen mussen virgesi ginn.

Ech begrëissen och am Numm vu menger Partei natierlech de System vun der Continuité d'activités. Hei geet et jo virun allem ëm Betriber, déi am ICT-Beräich aktiv sinn, wann, wéi gesot, Problemer an hirem Heemechtsland entstinn, datt se dann hei zu Lëtzebuerg awer zumindest kënnen weider fonctionnéieren. Eise Logistikcenter gëtt doduerch nëmme nach gefestegt. An dat ass och eng ganz gutt Saach.

Selbstverständlech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer eis e bësse méi am Detail mat deem Projet de loi hei auseruesetzen, kënn een och net derlaanscht, op deen een oder anere méi kritesche Punkt anzegoen. Éischte Punkt ass natierlech dee vun där neier Kategorie vun Investisseuren, wat jo och dobaussen zum Deel méi kritesch gesi gëtt. Hei geet et natierlech drëm, fir - jo! - Leit, déi eng gewësse Fortune hunn, op Lëtzebuerg ze zéien.

D'Fro dierf awer sécher erlaabt sinn: Wat ass dorunner schlecht? An dat ass awer och keen neit Phenomeen. Dat ass awer och näischt Neits. Mir hunn awer hei keng Virreiderroll als Lëtzebuerg. Ech wëll drun erënneren, datt et dat awer a Portugal gëtt, datt et dat a Griichenland gëtt, datt et dat a Frankräich gëtt, datt et dat an Däitschland gëtt, et j'en passe. Also net, fir elo erëm hei ze mengen, wéi wa Lëtzebuerg sech géif hei an eng Nisch erabewegen an nëmme géif versichen, Leit, déi héicht Kapital hunn, op Lëtzebuerg unzezéien!

Duerfir leie mer och hei an enger Logik vun enger richteger Strategie, fir eis Finanzplaz ofzefestegen, fir eis Ekonomie weider ausbauen. Natierlech sinn dat gréisstendeels Leit, déi eng gewësse Fortune hunn, déi elo hei op Lëtzebuerg kommen, fir an ee Fong ze investéieren, dat muss jo mindestens fénnef Joer sinn, déi och e Minimum vun 20 Milliounen müssen hunn. Bon, okay, mir wëssen, datt dat natierlech net elo eng Risenzuel vu Leit ass. Mä ëmmerhin ass et awer richtig, datt mer hei e Kader schafen, datt esou Investitiounen och hei zu Lëtzebuerg awer méiglech ginn.

Well ech mengen, et soll een och emol heiansdo erëm an Erënnerung rufen: Mir hu jo awer en héich entwéckelte Sozialstat hei zu Lëtzebuerg. Dat ass och gutt esou. Mir sollen och op deem Niveau weiderfueren. Mä dee kann och net einfach esou finanzéiert ginn! Duerfir muss awer och op där anerer Säit eng Ekonomie dréien, eppes, wat vläicht heiansdo nawell gäre vu verschiddene Leit vergiess gëtt.

Datt do d'Honorabilitéit natierlech e wesentleche Punkt ass, ass evident. An net, Här Mosar, datt ech mer den Term vun lech ofgelauschert hunn, mä et gëtt vill mat Argusaen op eis gekuckt, effektiv. An dowéinst mussen mer och no baussen dee beschtméigleche Kader hunn. Well et si Spektive quéesch duerch d'ganz Welt, déi ëmmer nëmme an Lëtzebuerg kucken. D'Vergaangenheet huet eis dat bewisen. Et ass also wichtig, datt mer besonnesch och an deem Volet hei ganz propper, ganz anstänneg dostinn an datt dat Kapital, wat hei op Lëtzebuerg kënnt, och virun allem proppert Kapital ass.

Och en aneren ekonomeschen Aspekt, deen een net dierf hei ënnerschatzen, do geet et ëm de Regroupement familial, well et si Leit, déi vläicht zécken, wat och verständlech ass, déi net wëllen hir Heemecht verlossen, wa se net gläichzäitig och kënnen mat hirer Famill heihinnerkommen. An duerfir, déi Verbesserungen, déi mer hei maachen, sinn an deem Sënn och nëmme ze ënnerstëtzen. Well, wéi gesot, wann ee gär qualifizéiert Leit a sengem Land hätt, da muss een awer och dee familiären Aspekt matconsidéréieren.

E weidere flotte Punkt ass deen, wat d'Studenten ubelaangt, datt déi elo d'Méiglechkeet kréien, wéi gesot d'Studenten aus Drëttstaten, fir nom Ofschluss vun hire Studien, sief dat Masterstudien, sief dat Dokteraarbecht, eben och kënnen hei zu Lëtzebuerg ze bleiwen. Well et ass virun allem ee Beräich, wou mer awer méi wéi jee op auslännesch Capacitéit ugewise sinn, dat ass de Volet vun der Recherche. Wann ee mat deene Leit schwätzt, da weess een, datt et enorm wichtig ass, datt mer och kënnen Studenten hei behalen, déi virun allem och deelweis an der Fuerschung tätég waren. An da wär et jo awer traureg - et kann ee scho bal schwätze vun engem Gasillage intellectuel -, wann een net deene Leit géif d'Méiglechkeet ginn, fir hei am Land ze bleiwen a fir dann och enger Aarbecht kënnen nozegoen. Well mer virun allem um Niveau vun der Recherche als Lëtzebuerg an deene leschte Joren dach eng gewësse Renommée entwéckelt hunn, ass dat wichtig.

Et ass nach net iwwert d'Sportler hei geschwat ginn. Mä och d'Sportler sinn an deem Gesetz hei opgezielt ginn. A virun allem, wéi gesot, wat d'Mannschaftssportarten ubelaangt, ass dat mat Sécherheet och net vu Muttwëll, datt do méi Méiglecheete gi sinn, fir en Titre de séjour ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass evident, datt een natierlech och net derlaanscht kënnt, fir och e leschte wichtige Volet hei unzespriechen. Ech mengen, net méi spéit wéi de Mëtte si mer och direkt mat enger - jo! - Manifestatioun konfrontéiert ginn. Et muss ee ganz fairerweis soen, datt dat jo och luewenswäert op déi Manéier ass, datt da Punkte vläicht nach méi u Gewicht kréien. Duerfir sollen d'Auteurs, d'Initiateure vun esou enger Manifestatioun mat Sécherheet net negativ duergestallt ginn. Ganz au contraire! Och wann een natierlech am Fong net ëmmer ka mat allem d'accord sinn, mä och dat beweist jo awer, datt een eng lieweg Demokratie ass.



An et geet natierlech ëm déi Ännerung, wat de Centre de rétention ubelaangt, datt eben, wéi gesot, fir Familljen och mat mannerjäree Kanner, déi bis elo maximal konnten 72 Stonnen an deem Centre bleiwen, datt dat eben elo op siwen Deeg eropgesat gëtt.

Ech wëll net méi weider op déi Argumenter agoen, déi mer awer allichten, firwat datt déi Ännerung elo virgeholl gëtt, déi och wierklech nëmmen am Extremfall ugewannt gëtt. An do koume jo elo eng Rei Reaktiounen, ënner anere vum Mënscherechtskommissär vum Conseil de l'Europe.

Wann et mer awer erlaabt ass, eng kuerz Tëscheremarque ze maachen: Firwat gëtt dann elo op eemol 24 Stonne virdrun, ier dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, déi Diskussioun hei lassgetrëppelt? Dat ass elo net pejorativ gemengt. Mä d'Gesetz ass awer schonn, mengen ech, am Mee d'lescht Joer 2016 déposéiert ginn. Mä bon, loosse mer dat elo op der Säit. An natierlech ass déi Diskussioun deementspreechend elo aneschtlers lancéiert ginn, wat jo awer och gutt ass.

Wat sécher ass, ech mengen, et ass scho virdrun hei gesot ginn: Et ass keen heibannen, et ass mat Sécherheet keen heibannen, dee frou ass, wann elo Kanner an esou eng Situatioun sollte kommen, datt se domat en Trauma erliewen, dat ass ganz evident. A wann esou eng Situatioun sollt antrieden, dierft se wierklech nëmme kommen, wann all aner Méiglechkeeten ausgeschëpft sinn.

Duerfir kann een och déi Argumenter vum Kommissär natierlech novollzéien. Déi Argumenter vum Flüchtlingsrot, vun der ASTI selbstverständlech sinn net falsch. An ech sinn och iwwerzeugt, datt d'Politik hei wäert versichen, wann déi siwen Deeg eng Kéier missten applizéiert ginn, datt dat soll awer den absolute Minimum sinn.

Ech wëll dann och hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer jo...

► **Une voix.** - Maximum!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Maximum! Maximum siwen Deeg! Richteg!

Ech wëll dann awer och nach drop hiweisen, wéi mer d'Diskussioun haten iwwert d'Gesetz iwwert d'Protection internationale et temporaire vum 10. Dezember 2015 hei an der Chamber, si mer och do jo schonn op déi Problematik agaangen, besonnesch wat d'Mannerjäreeger ubelaangt, déi net a Begleitung sinn. An och do ass scho plädéiert ginn - an ech kann och nëmmen nach eng Kéier widerhuelen, wat meng Partei deemools och hei gesot huet -, datt mer natierlech fir eng kannergerecht Retention sinn, wa méiglech an engem Kannerheem, och wann dat net déi allerbeschte Léisung ass, mä zumindest nach besser wéi an engem Centre de rétention.

Ech wëll och hei den Artikel 6 vum Kapitel 2 vun der EU-Direktiv 604/2013 nach eng Kéier zitieren, wou awer och ganz kloer drasteet: «L'intérêt supérieur de l'enfant est une considération primordiale pour les États membres dans toutes les procédures prévues par le présent règlement.» Duerfir ass et, wéi gesot, fir eis och ganz wichteg, datt all déi Persounen, déi a Kontakt si mat Mannerjärege, natierlech och mussen déi beschtméiglech Formatiounen hunn, besonnesch wat d'pädagogesch an d'psychologesch Fäegkeeten ubelaangt.

Dat ass natierlech e Volet vun der Migrationspolitik, deen elo e bësse méi kontradiktoresch hei diskutéiert gëtt. Ech mengen, och den Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter, dee seet natierlech zu Recht, datt d'Detention eng grav Mesure ass an datt déi just justifiéiert ass, wann eben, wéi gesot, manner schlëmm Moosnamen net gegräff hunn. E schléisst a priori och eng Detention natierlech deementspreechend also net aus. An och schonn 2010 hat de Conseil de l'Europe jo eng äänlech Resolutioun geholl.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt eis Migrationspolitik jo awer och e bedeutende Volet vum fräiwëllege Retour huet. Zum Beispill 2016 ware vu 569 zrëckgeschéckte Leit der 456, also 80%, déi fräiwëlleg zrëckgaange sinn. Et ass also nach ëmmer de Gros vun de Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, déi ebe keen Asyl gewäert kréien, déi dann awer och fräiwëlleg dee Moment zrëckginn.

Natierlech solle mer deen Débat awer do widerféieren. Natierlech solle mer eis Gedanke maachen: Wéi kënne mer dat Ëmfeld nach méi mënschewürdeg gestalten? Obwuel, wéi gesot, mir brauchen eis och net ëmmer méi schlecht ze maachen awer, wéi een heiansdo mengt,

datt mer wieren. Lëtzebuerg huet schonn enorm Efforte gemaach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Mëtte ganz vill iwwer Simplification administrative geschwat. Bon, hei ass och dann e kleng Volet dran, deen awer och an déi Richtung geet. An zwar geet et jo hei ëm den direkten Zougang zu de Fichieren iwwer Leit aus Drëttstatten. Dat kléngt den éischte Moment vläicht e bëssen, wéi wann een eppes géif iwwerwaachen, géif Nofuerschunge maachen. Mä ech mengen, et muss och nach eng Kéier hei ënnertrach ginn, datt jo awer fir d'Éischt muss en Accord préalable vun deem Betreffenen do sinn, ier ee kann esou en Zougang zu engem Fichier kréien. Mä jiddefalls ass och dat hei e kleng Schratt, mä e wichtige Schratt a Richtung vu méi séierer Ofwécklung vun administrativer Weeër.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dat hei ass fir eis trotzdeem e ganz wichteg Gesetz, wou mer och derhannertstinn, trotz deem engen oder anere méi delikate Punkt.

Ech wëll awer net ofschléissen, ouni dem Kolleeg Marc Angel Merci ze soen, deen eemol méi mat senger Feinfühlegkeet sech och gutt hei derduerchgeschafft huet. A wéi gesot bréngen ech d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Merci, Här Graas. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Här President, Här Minister, ech probéieren, mech, genau wéi meng Virriedner, esou kuerz wéi méiglech ze halen.

D'libre Circulation vu Persounen ass ee ganz wichtige Pilier, op dee sech d'Europäesch Unioun stäipt. Et ass leider och hautdesdaags een ëmstriddene Pilier.

Esou ass souguer de Brexit, zumindest zum Deel, och drop zrëckzeféieren, datt eng Majoritéit vun de Wieler am Vereenegte Kinnekräich net d'accord war mat der libre Circulation. An et huet sech hei net ëm Flüchtlingen aus Krichsgebiddern an och net ëm Wirtschaftsflüchtlingen aus der sougenannter Drëtter Welt gehandelt, mä ëm Europäer aus virun allem osteuropäesche Länner, déi fir déi Onzefriddenheet gesuergt hunn.

déi gréng waren a bleiwen der Meenung, datt eng Europäesch Unioun net just eng libre Circulation fir Geld a Konsumgidder soll erméiglechen, mä datt d'libre Circulation vun den EU-Bierger eng ganz positiv a wichteg Errechnung ass. A selbstverständlech brauch een e Regelwierk, fir datt dës libre Circulation och gutt funktionéiert.

D'Europäesch Kommissioun huet schonn 2005 am Haager Programm eng Rei Prioritéite festgehalen, fir dësen europäesche Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Recht auszebauen. D'Schwieerpunkte vum Haager Programm waren: d'Stärkung vun de Grondrechter vun den EU-Bierger, d'EU-Bierger solle sech kënne fräi bewegen an der EU an och do wunnen a schaffen, wou si dat wëllen. En anere Schwieerpunkt war d'Ausschaffe vun engem Konzept, fir d'Migrationsstréim ze steieren, engersäits mat der Bekämpfung vun der illegaler Migratioun an dem Mënschenhandel an anersäits der Erméiglechung vun enger legaler Migratioun.

D'Kommissioun wollt ee gemeinsam, eenheetlech, effizient a solidarescht Asylverfahren aféieren. Am Haager Programm waren eigentlech schonn all d'Problemer erkannt an opgezielt, déi eis haut nach vill méi beschäftege wéi deemools, Problemer, déi sech net geléist hunn, mä duerch eng ganz Rei méi oder manner rezent Krisen nach gewuess sinn.

Datt déi hei ugefouert Problemer net méi kleng gi sinn, mä méi grouss, huet, wéi scho gesot, eppes mat rezent Krisen ze dinn a mat enger net zefriddestellender, net gemeinsamer, net eenheetlecher, net effizienter a virun allem och net solidarescher Politik am europäesche Raum. Sou hunn zum Beispill all Berichter vun der Kommissioun iwwert d'Ëmsetzung vum Haager Programm déiselwecht Konklusioun gehat: D'Fortschreter an de Beräicher Justiz, Fräiheet a Sécherheet ginn net eenheetlech virun. Villes gëtt lues oder onkomplett ëmgesat, soudatt déi gewünschte Resultater op sech waarde loosse.

Den Haager Programm ass an de Stockholmer Programm iwwergaangen, deen d'Prioritéite vun 2005 weiderverschaffen a verdéiwe sollt. Et ass net, wéi wann näischt geschitt wier op der politescher Bün. Mir hunn d'Kreatioun vu Frontex gehat, fir eis Grenzen ze schützen. Zënter 2008 gëtt et ee gemeinsam europäesch Asylsystem, zumindest um Pabeier. A wann een an der EU en Asylantrag stellt, da

ginn d'Fangerofdréck geholl an an eng zentral europäesch Datebank gesat.

Dat geschitt schonn zënter 2003. Dat huet sech och bewäert, mä huet awer net ëmmer gutt funktionéiert, well verschidde Memberlänner net konnten oder net wollte mat der néideger Energie matmaachen. Et gëtt de Schengen Informatiounssystem, méttlerweil an der zweeter Generatioun. Et gëtt de Visa-Informatiounssystem an et gëtt, wéi am Rapport ugefouert, eng ganz Rei vun Direktiven, déi sech mat der Migratioun an der Immigratioun befaassen.

Här President, no menger, jo, effektiv zimlech laanger Introduktioun kommen ech dann elo op den eigentleche Projet de loi 6992 zrëck. An hei probéieren ech dann och, e bëssen ze kieren, well ech engersäits ee Rapport viru mer leien hat, dee ganz iwwersichtlech war an deem seng Struktur och ganz an der Rei war. An duerfir wëll ech och dem Rapporteur Marc Angel nach eng Kéier Merci soen. Effektiv huet hien eng Rei Saache gesot, déi ech dann net widerhuelen.

A Kuerzform: Éischtens, mir maachen eng Ëmsetzung vun der Direktiv 2014/36, déi d'Konditiounen festsetzt, no deenen e Mënsch fir eng begrenzten Zäit op Lëtzebuerg liewen a schaffen komme kann. Mir fannen dat richteg a wichteg, well déi Leit, déi ginn dann och geschützt. An déi Leit brauchen dee Schutz. A mir brauchen déi Leit, déi bei eis schaffen kënnen.

déi gréng waren ëmmer der Meenung - an ech sinn och frou, den Här Mosar huet dat genau d'selwecht hei gesot -, datt d'Méiglechkeet, fir legal an d'EU schaffen ze kommen, ee vun deenen effikasse Moyenen ass, déi mer hunn, fir déi illegal Migratioun ze bekämpfen.

Den zweete Punkt, deen ech wollt uschwätzen: Mir setzen och d'Direktiv 2014/66 ëm. Hei geet et och ëm eng Zort saisonal Aarbecht, mä d'Konditiounen an d'Zilgrupp sinn natierlech ganz aner. Hei sinn et Net-EU-Bierger, déi zäitweis fir hire Patron an eent oder a méi EU-Länner schaffen ginn. De Rapporteur ass drop agaangen, ech ginn dann net méi drop an. Dat ass eng Mesure, déi schéngt noutwendeg ze sinn, well an enger globaliséierter Wirtschaft mat internationale Konzerner esou eng Flexibilität verlaangt gëtt. Mir ënnerstëtzen dat.

Mat dësen zwou EU-Direktive schafe mer gläich Konditiounen fir eng Rei Salariéen, déi sech zäitweis an der EU deplacéieren. Dat ass alles gutt. Dat schéngt noutwendeg ze sinn. An domadder respektéiere mer och d'Rechter vun de Salariéen.

Mir notze mat dësem Gesetz awer och d'Méiglechkeet, eng nei Kategorie vun Openthaltsrecht ze schaffen. An dës Kategorie soll och derzou déngen, eis Ekonomien ze fërderen. An hei geet et awer net ëm eng Harmoniséierung op europäeschem Plang, mä ëm eng Nisch, déi all Land an der EU kann, méi oder manner extensiv, fir sech notzen. Ech schwätze vun der Autorisation de séjour pour investisseurs.

Well jo bekanntlech d'Mënschen net alleguer gläich sinn, schafe mer mat dësem Gesetz d'Méiglechkeet, e puer extra Leit fir eist Land an eis Ekonomien ze interesséieren. De Statsrot seet zu Recht, datt et sech beim Droit de séjour pour investisseurs ëm ee Choix politique handelt. Et kann ee sech d'Méi ginn an dat schéieren. Jo, mir kënnen do eiser Wirtschaft nach ee klengen Impuls ginn.

Neen, et ass och kee Fräibrëif fir luguber Oligarchen, sech op Lëtzebuerg installéieren ze kommen. Mir hu Konditiounen an den Droit de séjour pour investisseurs gehaangen. Jo, déi Konditiounen, déi mir un den Droit de séjour stellen, sinn eigentlech méi streng wéi an deene meeschten aneren EU-Länner, déi och esou eng Regelung hunn. An et ass och net méi wéi richtig, datt mer déi Investisseuren, déi sech just mam Immobilienhandel beschäftegen, vun dëser Regelung ausschléissen.

Här President, ech hoffen, Dir hutt et gemierkt, ech hat mer elo Méi ginn, zwar vläicht net gradesou vill wéi den Här Mosar, mä ëmmerhin! Mir maachen et mat dësem Gesetz och méi einfach, fir datt d'Leit, déi aus Drëttlänner bei eis schaffen kommen, hir Famillje matbréngen oder nokomme loosse kënnen.

Här President, ech kommen zu engem leschte Punkt vun dësem Gesetz: enger Regelung, déi de Centre de rétention betrëfft. Eigentlech passt dës Regelung net an dëst Gesetz, well mer et jo hei awer bis elo mat enger Migratioun am direkte Kader vun der Aarbechtswelt ze dinn haten, an eigentlech net mat der Situatioun vun Demandeurs de protection internationale. Mais soit!

Mir änneren d'Gesetz vum 28. Mee 2009 iwwert de Centre de rétention, andeems mer d'Dauer vum Festsetze fir eenzel Persounen oder Familljen a Begleitung vun engem oder

méi Kanner vun 72 Stonnen op siwen Deeg eropsetzen.

Här President, ech wëll net allze vill wäit aushuelen, mä ech mengen, mir sinn eis am Prinzip allegueren eens, datt d'Recht op Asyl nëmme ka funktionéieren, wann déi Leit, déi dat Recht net zougestane kréien, och erëm zrëck an hirt Hierkunftsland musse goen. Mir ënnerstëtzen all Beméiungen, datt déi Unerkennungsprozedure solle korrekt a méiglechst schnell verlafen. An trotz heiansdo kontroversen a kontroverséierten Aussoen hu mir den Androck, wéi wann eng gutt Aarbecht hei vun eiser Regierung a vun eise Beamten an deem do Beräich géif gemaach ginn.

Ech fannen et sympathesch, wann an eisem räiche Land Leit sech manifestéieren fir eng ganz vulnerabel Grupp vu Mënschen, fir sech fir déi anzesetzen, déi debutéiert Demandeurs de protection internationale. Ech deelen hir Aschätzung awer net. Ech fannen, datt mer net kënnen de Centre de rétention mat engem Prison gläichsetzen. E Centre de rétention kënnt och just zur Sprooch, wann et kee fräiwëllege Retour gëtt.

Lëtzebuerg mécht vill fir d'Flüchtlingen. Et ass natierlech nach vill Loft no uewen. Ech war, wéi de Centre d'accueil zu Miersch opgaangen ass, och d'Infrastrukture kucken. Mir kënne wierklech net behaupten, datt mer déi Leit hei géife mat Luxus empfänken.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

An ech mengen, datt och déi Situatioun, wéi do d'Leit ënnerbruecht sinn, bestëmmt besser ass wéi a verschiddene südliche Länner, well mer méi Moyenen hunn, mä vu Luxus ass awer wäit a breet keng Spur. An ech weess och net, ob d'Konditiounen am Centre de rétention fir d'Famillje solle méi schlecht si wéi an deenen anere Strukturen.

Natierlech ass et e groussen Ënnerscheed, wa mer d'Dieren zouspären! Dat ass kloer, dat ass keng Excuse fir näischt. An ech sinn duerfir och ganz frou, datt mer déi Motioun hei hu vum Här Angel. Mir akzeptéieren, datt mer déi Mesure hei ergräifen. A mer betounen awer och, datt se ebe muss d'Ausnam sinn. Mir hunn erkläert kritt, datt et duerchaus virkënt, datt et an deenen dräi Deeg net ze realiséieren ass. Dat huet eppes och mat Charterflich ze dinn, op déi mer heiansdo mussen zrëckgräfen, well d'regulär Volle mat anere Problemer verbonne sinn. Duerfir kënne mer déi Mesure matdroen.

Mir sinn natierlech op a mir huelen déi Kritik zur Kenntnis, och déi vum Kommissär fir Mënscherechter vum Europarat. A mir mengen, datt, och wann eis Situatioun besser ass - a mer froen eis heiansdo, wat de Kommissär zu ganz villen aneren europäesche Länner seet -, dat keng Excuse soll si fir eis, fir eis net awer eeschthaf mat deenen dote Remarques ze befaassen.

Duerfir, wéi scho gesot, mir gesinn dës Verlängerung éischter als eng Hëllef, fir de Retour kënne korrekt ze organiséieren. An dann deele mer och mam Auteur vun der Motioun d'Meenung, datt dat soll eng absolutt Ausnam bleiwen.

Ech ginn domadder den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem häerzleche Merci un den Här Angel, deen hei sech vill Méi ginn huet mat dësem Gesetz, fir eis dat ze erklären an e ganz flotte Rapport hei ze presentéieren.

Ech wëll soen: Vum reng legislative Standpunkt ass dat heite kee gutt Gesetz. Verschidde Virriedner hu scho gesot, datt hei vill Saache matenee vermëscht gi sinn. Et geet zu engem groussen Deel rieds vu Verännerungen am Beräich vun der legaler Immigratioun. Mir hunn awer och duerch déi Verännerungen, déi mer am Beräich Centre de rétention maachen, ze di mat zum Deel onberechtigter Immigratioun, onberechtigten Demanden hei am Land oder souguer illegaler Immigratioun a verschiddene Fäll, soudatt hei eng Vermëschtung vu verschiddene Saache virläit.

An et ass e bëssen, wéi den Här Adam virdrun an engem anere Kontext gesot huet, en Omnibusgesetz an deem Sënn, well ganz vill verschidde Saachen dran ugeschwat ginn, déi net onbedéngt eppes mateneen ze dinn hunn.

Mir hunn als ADR dofir och hei just e puer Prioritéiten erausgeholl, iwwert déi mer wëlle schwätzen.



Mir hu kee Problem mat der Ëmsetzung vun deenen Direktiven, déi beschriwwen gi sinn, iwwert den Détachement intragroupe oder d'Travailleur saisonniers, och kee Problem mat der Continuité d'activités an aneren Iddien, déi hei erakomm sinn. Och net, datt mer fir déi Investisseuren Titres de séjour do schafen, fir verschidde Kategorië vu Leit. An enger Situatioun, wou eist Land, eise Finanzzentrum awer a staarker Konkurrenz ass zu anere Länner, déi esou Facilitéiten offréieren, mengen ech, hu mer do net vill Wiel, wéi eis och esou engem Mouvement unzeschleissen. Quitte datt mer musse ganz, ganz gutt drop oppassen, datt mer eben d'Konditiounen vun Honorabilitéit an esou weider musse kontrolléieren an datt mer net kënnen zu weidere Blanchimentaktivitéiten hei bäidroen. Dofir ass eng streng Kontroll op jidde Fall ganz, ganz wichteg.

An et gëtt awer eng Rei Kritikpunkten an dem Gesetz. De Regroupement familial, dat ass eppes, wat gutt klengt. Mä wa mer higinn a mir huelen déi Avantagen, déi verschidde Kategorië kréien, déi mer wëlle speziell favoriséieren, fir se eben unzezielen, a mir deenen déi op aner Kategorien aus, ass dat natierlech e relative Verloscht vu Virdeeler fir déi Kategorien, déi mer awer wollte bewusst bevirdelegen, fir se unzezielen. Dat kann ee matdroen, et ass elo kee Punkt, firwat mer eis deem Gesetz géifen opposéieren, awer et muss een dat eng Kéier signaléieren.

Wou mer awer e Problem dermat hunn, och aus Grënn vun der Kohärenz vun der Entwécklungspolitik, ass mat där Iddi, datt mer elo higinn a mir huelen an deem Gesetz d'Méiglechkeet, datt Leit aus Dréttstaaten, déi hei studéieren, zum Beispill och aus Entwécklungslänner, a mir soen deenen: „Dir kënnt direkt heibleiwen, hei eng Demande d'emploi maachen, hei schaffen.“ An d'Iddi ass jo awer u sech, datt mer déi Leit heihinnerhuelen, se hei qualifizéieren, fir se an hir Länner zrëckzuschécken, wou se méi gebraucht gi wéi hei!

An dat ass eng Saach vun der Kohärenz och an eiser Entwécklungspolitik. Wéi dacks schwätze mer hei an der Chamber vun der Kohärenz an deem Beräich? An dat hei ass u sech e Bewäis, datt dës Regierung op jidde Fall déi Kohärenz net bréngt. Well d'Iddi ass net, datt mir qualifizéiert Leit aus Dréttweltstaaten duerch en „brain drain“, duerch e Gehir ofhuelen, ewechhuelen aus deene Länner an heihinnerbréngen, mä am Géigendeel, datt mer Leit qualifizéieren, fir zum Gudder vun hire Länner bäizidroen.

Dat ass e Punkt, dee mir als ADR net matdroen. Dofir, Här President, froe mer och iwwert de Punkt 27 Artikel 59 e separate Vott, well d'ADR dee Punkt net wäert matdroen.

Et ass och e bëssen iwwerdräiwven, datt mer higinn a mir kucken, datt en Accès direct aux fichiers des étrangers nëmme méiglech ass fir eis Verwaltungen, wann déi Administréiert virdrun hir Erlaabnis ginn hunn. Och dat ass e Punkt, wou ee sech ka froen, ob dat néideg ass. An eisen Aen ass et dat net!

De Centre de rétention par contre ass eng ganz interessant Diskussioun. Mir droen dat mat als ADR. Ech mengen, et ass sécher wichteg, wéi och verschidde Virriedner et gesot hunn, datt mer net an eng Logik erakomme vun engem falsch verstanenen Humanismus, datt mer net méi Réckféierunge kënnen virhuelen. Dat wär e falscht Signal. Et geet jo hei ëm Leit, déi sech bewusst enger fräiwëlleger Réckféierung entzielen. A wann Elteren do sinn, mussen déi och d'Verantwortung huele fir hiert Verhalte géint iwwer hire Kanner! Elteren, déi sech verantwortungsvoll géife verhalen, déi géifen évitéieren, datt se mat hire Kanner missten an e Centre de rétention, ebe just, fir Situatiounen kënnen ze verhënneren, wou dat vläicht traumatich ass fir Kanner ass.

A mir ënnerstëtze ganz kloer och als ADR déi Motioun, déi mer hei zesummen etabliert hunn, datt mer eben déi humanitär Aspekter an där Retentioun wëlle betounen an och erwaarden, datt d'Regierung eis doriwwer e Rapport mécht. Dat ass net de Punkt.

Politesch ass et awer interessant, fir ze ënnersträichen, datt hei e Léierprozess vu verschiddene Parteien stattfonnt huet! Mir erënneren eis nach ganz gutt un déi Debatte vum Mee 2009, wou den Här Angel deemools fir d'LSAP gesot huet, datt wär eng reng theoretesch Méiglechkeet, datt eventuell Mineure kéinten an de Centre de rétention kommen. Et wäere bestëmmt keng Mineuren non accompagnés. Den Här Nicolas Schmit, haut nach Minister an der Regierung, huet gesot: „Déi Mineure kommen am Prinzip iwwerhaupt net an de Centre de rétention.“ An den aktuelle Justizminister vun de Gréngen, den Här Félix Braz, aktuelle Justizminister, huet gesot, et géife keng Mineuren do erakommen, d'Detentioun wär esou kuerz wéi méiglech. An et sinn déi dräi Parteien, déi dat awer och elo vun 72 Stonnen op siwen Deeg eropsetzen. Hei ass e Léierprozess gewiescht, e Stéck Realismus, deen een nëmme

ka begreifen, deen awer an déi Debatte erakënn.

An ech muss soen, datt mir als ADR, géif ech soen, an der ganzer Immigratiounsdebatte zënter Joren déi Partei sinn, déi vun Ufank u gesot huet, wou d'Schwaachpunkten am Raisonement sinn, déi vun Ufank un eng aner Politik verlaangt huet. A mir gesinn, datt souwuel national wéi um europäeschen Niveau Schrëtt fir Schrëtt dat, wat mir gesot hu vun Ufank un, de Respekt vun den internationale Konventiounen, d'Noutwendegkeet vum Schutz vun de Grenzen, d'Noutwendegkeet vum Respekt vu verschiddene Prozeduren, alles dat, wat mir zënter Jore soen, lues a lues an déi méi realistesch Politik erakënn.

An et ass e Léierprozess, deen eis onendlech vill kascht huet, dee mat schreckleche Schwierigkeeten verbonnen ass, mat vill mënschlechem Leed, mat illegalem Iwwerschreide vu Grenzen, mat Leit, déi am Mëttelmier erdrénken. Wäre mer direkt op deen anere Wee gaangen, wéi mir et préconiséiert hunn, wär eis vill erspuert bliwwen!

Déi Reform hei vum Centre de rétention ass just - an eisen Aen - een Element méi ënner anere vun engem Léierprozess, deem schwierge Léierprozess vu verschiddene lénke Parteien hei, dee mer eis hätte vun Ufank u kënnen erspueren.

An ech begreifen déi Ried, déi den Här Mosar hei gehalen huet. Mä mat alle Froen, déi den Här Mosar hei am Numm vun der CSV gestallt huet, déi mir deelen, wëll ech awer ënnersträichen - ech wëll awer ënnersträichen! -, datt d'Politik vun der CSV och an deem Fall ass, datt se d'accord ass dermat, datt et vun 72 Stonnen op siwen Deeg eropgeet. An datt d'CSV och an hirer Immigratiounspolitik nach ganz vill Froen ze beäntweren huet, well et geet net duer, Froen ze stellen! Well d'CSV, wéi aner Parteien, huet bis elo ni gesot, datt mer eng Uewergrenz brauchen an der Immigratioun, huet déi europäesch Immigratiounspolitik ni substanzuell a Fro gestallt. An och d'CSV huet an deem Dossier nach e wäite Wee ze goen, bis se op deem Realismus ukomm ass, deen ee vun där Partei kéint erwaarden.

Dat gesot, wäerte mir als ADR dës Gesetz matstëmmen. Allerdéngs, Här President, hätte mer gär e separate Vott op deem Punkt, deen ech lech virdru genannt hunn, deen d'Studenten ugeet, well mir der Meinung sinn, datt et moralesch net vertretbar ass, de Länner, déi hir qualifizéiert Leit brauchen, ze probéieren déi ewechzehuelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet dee leschte Riedner zu deem Projet, den Här David Wagner fir déi Lénk.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Haut stëmme mer net nëmmen iwwer e Projet de loi of, mir stëmme och iwwer e Symbol of. Well besser konnt een dat wahrscheinlech net duerstellen. Ech géif souguer behaupten, datt Historiker an honnert Joer esou e Projet de loi als Sënnbild vun der Verwirrung vum 21. Jorhonnert wäerte benotzen, als e Sënnbild vun Ongläichheet, als e Sënnbild vun der Degradéierung vum Mënsch zur Wuer.

„E Kaméil huet et méi einfach, duerch en Nollach ze komme wéi e Räichen an d'Paradäis“, steet richtegerweis am Neien Testament. Europa a Lëtzebuerg, déi ticken anescht: rout Teppecher fir déi Milliouneschwéier, Chartere fir Mënschen an Nout.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- De Centre de rétention, deen am „Newspeak“ net dat seet, wat e richteg bedeit, well et misst éischter en „centre de détention“ heeschen, dee stelle mir zënter senger Grënnung a Fro. Et kann net sinn, datt Leit - an dat muss een ëmmer erëm ënnersträichen -, déi weder Krimineller nach Delinquente sinn, agespaart ginn!

Iwwert d'Terminologie kéint een awer och nach vill diskutéieren. Et gi vill alternativ Fakten an der Bürokratie och benotzt, wann ech vun „Retour-volontairen“ héieren, a mäi Virriedner huet et och nach gesot: Et gi vill Leit, déi sech engem fräiwëllege Retour entzielen! Wat awer ganz komesch ass, well wann de Retour volontär ass, firwat géife se sech deem entzielen? Mir wësse ganz genau, datt déi Retouren net volontär sinn an datt et u sech nach just déi lescht Méiglechkeet ass fir déi Leit, fir dann net duerch de Centre de rétention ze goen. Den George Orwell, deen hätt seng Freed un esou enger bürokratescher Sprooch!

Ech wëll och ënnersträichen, datt et dobäi ëm Mënsche geet, déi op der Welt zu deene manerbemitteltste gehéieren. Et geet ëm aarm Leit, déi versichen, a räiche Länner ënnerze-

kommen, fir ze liewen a fir ze schaffen, net fir ze profitéieren, net fir manner Steieren ze bezuelen, mä fir hei en neit Liewen unzefänken! Esou wéi et virun iwwer 100 Joer Dausende vu Lëtzeburger gemaach hunn op där anerer Säit vum Atlantik. Et geet ëm Leit mat Kanner! Kanner, déi an eis Schoule ginn oder goe wäerten, déi vläicht studéieren ginn, déi hei schaffen wäerten an déi, wéi all respektable Bierger, déi Steiere bezuelen, ouni de Stat wëllen unzeschmieren.

Ech stellen och fest, datt hei de Wäert vum Mënsch an dëser Diskussioun jo och a Kategorien ënnerdeelt gëtt. An déi Kategorien, déi hunn eppes mam Kapital ze dinn an net onbedéngt eppes mam Kënnen ze dinn. Et gëtt gesot: „Mir mussen onbedéngt Leit unzeie fir eis Ekonomie hei zu Lëtzebuerg an hei an Europa“, wéi wa mer hei an Europa souwisou net kéinte Leit ausbilden - mä dat ass vläicht en anere Problem - a wéi wann och Flüchtlingskanner, wéi wann och Leit, déi ganz ënnen an der Gesellschaft sinn, och bei sech doheem, wéi wann déi näischt kéinten!

Ech ka mech erënneren, virun zéng Joer: Et goug ëm eng Famill aus Wäissrussland, déi hätt solle fortgeschéckt ginn. Et ass vill Drock gemaach ginn, vill Leit hunn Drock gemaach. Schlussendlech konnt déi Famill heibleiwen. Déi haten e klengt Kand, dat ass grouss ginn an der Tëschenzäit. An et ass e phenomenale Museker ginn. Dat hätt natierlech aneschters a Wäissrussland kënnen ausgoen. Mä hei gëtt nëmme vu Kapital geschwat, vu Suen!

Bis elo ass et esou, Här President, datt Kanner net méi wéi dräi Deeg an dem Centre de rétention bleiwen dierfen. An ech wëll drun erënneren, datt deemools schonn - et gouf och scho gesot - am Joer 2009, wéi dës Gesetz gestëmmt gouf, wat haut sou modifizéiert ginn, du gouf scho gesot: «Les personnes ou familles accompagnées ne pourront en aucun cas être retenues plus de 72 heures au Centre.»

Dat war deemools eng CSV/LSAP-Regierung. Elo hu mer eng Regierung, déi sech als méi fortschrëttlech duerstellt. A wat mécht si? Majo, si geet iwwert deen Délai. Si proposéiert, fir op siwen Deeg dat auszeweiden!

Et ass wouer, d'ADR huet recht, sech doriwwer ze freeën: Et gi Parteien, déi sinn an engem Léierprozess. Ob et dee richtegen ass, weess ech net. Mä op jidde Fall ass et deen, dee sech d'ADR wënscht!

Et kéint een elo natierlech och mengen, datt dat alles net esou schlëmm ass. Dat ass awer net wouer. Kanner anzespären, souguer fir eng kuerz Dauer, ass keng Lappalie! Ganz kloer doran ass de Comité pour les droits de l'enfant, dee jo d'Uwendung vun der Kannerrechtskonventioun iwwerwaacht, an e seet: «L'intérêt supérieur de l'enfant doit primer sur tout objectif de l'État, par exemple celui de limiter la migration illégale.»

Dat seet zum Beispill och den UNHCR an engem Dokument, datéiert op Januar 2017, also de leschte Mount. An deem Dokument schwätzt en an deem Zesummenhang vu psychologeschen a physischen Schied beim Kand, vun Depressioun an Angschtzustänn a Symptomer vu posttraumatischem Stress. Ech zitéieren, op Lëtzebuergesch iwwersat: „Et gëtt staark Hiweiser drop, datt d'Detentioun en déiwen an negativen Impakt op dem Kand seng Gesondheet a seng Entwécklung huet, an dat onofhängeg vun de Konditiounen vun der Detentioun“ - onofhängeg vun de Konditiounen vun der Detentioun! -, „an och wann et just fir kuerz Zäitperioden an zesumme mat sengen Elteren ass.“

2014 huet och den UNHCR gesot, datt Kanner an Abschiebehaft ze steechen a villen Aspekter eng Violatioun vun der Konventioun fir d'Rechter vum Kand wier a misst gestoppt ginn.

Här President, hei geet et ëm Rechter vu Flüchtlingen a vu Kanner. Weder de Flüchtlingsrot nach den Ombuds-Comité fir d'Kannerrechter ass konsultéiert ginn. Wann et ëm Interesse vu räiche Steiervermeider geet - well do geet et jo och nach hei ëm dës Gesetz -, da leeft den Hues ganz anescht! Do ass et souguer éischter esou, datt déi sech nëmme brauchen ze melden an d'Regierung steet am Garde-à-vous, wéi dat och elo wäert de Fall sinn.

Här President, d'Regierung monéiert, datt déi dräi Deeg net duerginn, fir déi Mënsche lassze ginn. Mir kruten an der Kommissioun tatsächlech och erkläert, wéi dat esou leeft: Dann ass deen een Deel vun der Famill, dee gouf gefaangen, mä deen aneren Deel vun der Famill, dee krute se nach net gefaangen, an da kommunizéiere se jo och nach matenee mam Handy, dee Jonke mat den Elteren, wéi dat och ëmmer ass. An dat stellt natierlech och eis Bürokratie viru gréisser Problemer, fir Papp, Mamm a Kanner ze fänken, anzespären a fortzuschécken.

Mir kruten och gesot, datt mir nach ëmmer vun deenen anere Schengen-Membere virgeworf kréien, net genuch Leit erauszepuchen. An och wann dat esou wier: So what? Ass dat en Argument, anere Schengen-Länner, wou och komesch politesch Zoustänn herrschen, nozeginn? Ass dat esou schlëmm, vum belsche Statssekretär fir Immigratioun, dee rietsextrem ass, dem Theo Francken vun de flammäneschen Nationalisten, Frënn vu Collaborateuren, ass dat schlëmm, vu solche Leit un de Pranger gestallt ze ginn? Ech fannen net! Well dee Francken, dee krut och e Bréif vum Commissaire aux droits de l'homme vum Europarat, an deem hien opriift, dës Praxis opzeginn, well de Schued fir d'Kand net duerch d'Kontroll vun der Migratioun ka gerechtfertegt ginn.

A wéi Der wësst, huet och dee Kommissär sech gëschter zu Wuert gemellt, wat dës Projet de loi ugeet, an huet seng Suergen iwwer eise Vott haut an der Chamber matgedeelt. En hätt et kënnen méi fréi maachen! Mä ech gleewen och kaum, datt den Europarat - franchement - dee ganze legislative Prozess vu Lëtzebuerg vun Ufank u ka suivéieren. En huet sech gemellt und das war's!

Här President, dës Projet de loi concernéiert natierlech net nëmmen de Centre de rétention. Mir rejettéieren dës Projet de loi an all sengen Aspekter natierlech. Mir wëssen och, datt mir hei keng Majoritéit fannen, fir dës Projet de loi en bloc ofzewieren.

Mir mengen awer, datt den Artikel 3 vun deem Projet de loi, also deen iwwert de Centre de rétention, eis viru gréisser Problemer stellt. An och all Institutioun, déi ech opgezielt hunn, an et ginn der nach anerer, déi ech vläicht och nach net all opgezielt hunn, déi mat Flüchtlings- a Kannerrechter ze dinn hunn, déi soen: „Dat dote geet net!“ Dofir froe mir och e Vote séparé, fir iwwert deen Artikel ofzestëmme.

An da kéint ee spéider a Rou, zesummen zum Beispill mam ORK, zesummen zum Beispill och vläicht mam Flüchtlingsrot, iwwer human Alternativen diskutéieren. Et kéint ee jo och eng Kéier Pionéier spillen! Et kann ee vläicht souguer den Här Rifkin uruffen, deen huet vläicht och nach eng Iddi! Et kéint ee sech wierklech Gedanken maachen; well et gouf gesot virdrun, datt dat, wat de Conseil de l'Europe seet, dës Regierung d'Geleeënheet géif ginn, fir sech mat deene Remarques auserneezen. Maja: Kommt, mir loosse dat elo ewech zurzäit, a kommt, mir ginn eis d'Geleeënheet, fir eis mat solche Froen auserneezen an dann Alternativen ze fannen, och mat deenen, déi eppes domadder ze dinn hunn an dovunner eppes verstinn!

Dann zur anerer Problematik: Nodeems dës Projet de loi et méi einfach maache soll, fir indesirabel Famille lasszeginn, gesäit hien och vir anerersäits, Leit hei aus dem Ausland unzezielen, déi kapitallasteg sinn. An do ginn et verschidde Kategorien, déi si schonn opgezielt ginn. Ech hunn net méi vill Zäit, dat heescht, ech wäert net méi weider dorobber agoen. Et gouf awer ganz kloer gesot an der Kommissioun: „Mir wëllen «la crème de la crème»,“ ech zitéieren. Et gouf monéiert, déi Prozedur géif déi aktuell Praxis verbessern, mä dat ass net wouer, well déi al Praxissen, déi bleiwen och nach bestoen.

Dat doten ass erëm eng Measure, déi op Finanzjongleuren zougeschnidden ass. Et ass näamlech déi wonnerbar innovativ Nisch vun eiser Wirtschaftspolitik, Ulträräicher hei unzezielen; do ginn et vill aner Texter. A mir maachen et e bëssen esou wéi Monaco. Ech weess net, ob dat eng ganz interessant Wirtschaftspolitik ass! A souwisou, en plus, et misst een nach wierklech doriwwer diskutéieren, wat dat eis alles géif bréngen. Dat ka kee Mënsch chiffriieren - d'Fro ass gestallt ginn -, kee Mënsch kann dat chiffriieren!

Mä et kann een awer schonn dovunner ausgoen, datt Ulträräicher natierlech hei och d'Immobiliepräisser an d'Luucht wäerten drécken, net nëmme fir Luxusobjeten, déi fir si gebaut ginn, wéi zum Beispill um Royal-Hamilius, wou keen normale Mënsch, Awunner sech hei eppes wäert leeschten. Mä déi Luxusimmobilie wäerten och dozou bäidroen, datt aner Wunnungspräisser no uewe wäerte gezu ginn.

An da gëtt et och nach en drëtten Punkt, op deen ech och nach wollt agoen, mä ech hunn elo keng Zäit méi. Ech wollt nach just soen, Här President, wann Aarmer wierklech de Problem géifen duerstellen, da wësst mer et. Ongläichheeten, Konflikter, Kricher, déi ginn net vun Aarme provoziert, mä grad vun den Oligarchen, déi mir wëllen hei unzeien. Ech wëll se franchement net hei unzeien, éierlech gesot!



Mir kënnen ganz gutt hei funktionéieren ouni si! An ech mengen, si schuede méi dem Land, och sengem Image, wéi soss iergendeppees!

Well grad si sinn u sech, „la crème de la crème“ sinn u sech schold un där Situatioun vun der Welt, an där mer sinn. Ech mengen, wa permanent Politiker sech lamentéieren iwwer Twitter, iwwer Facebook: „Oh, wéi kann et sinn, datt en Trump gewielt gëtt? Wéi kann et sinn, Le Pen? Wéi kann et sinn: AfD, Petry?“ an esou weider, ma déi Politiker misste sech d’Fro stellen, wouhier dat kënnt!

An ech mengen, grad esou Gesetzgebungen, déi justement haart si mat Schwaachen a ganz duuss si mat Räichen, déi droen dozou bäi, datt et en Trump, e Le Pen an e Petry gëtt! A souwisou, dovunner ofgesinn, eng Mauer an Europa brauche mir souwisou net ze bauen, et gëtt schonn eng, dat ass d’Mittelmier. Ech weess net, ob gewësse Regéierender hei an Europa engem anere kënnen eng Lektoun ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. D’Wuert huet den zoustänneg Minister fir d’Immigratioun, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l’Immigration et de l’Asile*.- Här President, léif Deputéiert an Deputéierter, ech wollt vläicht och, wéi meng Virriedner, et kuerz maachen an direkt zur Saach kommen.

Also ech mengen, den Owend brénge mer et net fäerdeg, de Kapitalismus hei ze reforméieren. Ech géif awer mengen, mat deem Projet hei musse mer awer och wëssen, dass et net ka falsch sinn, dass Leit Geld zu Lëtzebuerg investéieren, ënnert der Konditioun, dass Aarbechtsplaze geschaaft ginn; ech mengen net, dass dat sollt esou falsch sinn. Ech wëll just drun erënneren, dass mer hei an dësem Land keng Siderurgie hätten, wann net friemt Kapital erakomm wier an d’Siderurgie hei zu Lëtzebuerg opgebaat hätt. An esou ass et och a villen aneren Domänen.

Duerfir, ech hale mech do e weénege zréck, mat deem Leschten, mam Här Wagner, wat en do gesot huet. Mä ech wëll him awer op d’Häerz vun deem, wat en hei gesot huet, versichen ze äntwerten. Ouni awer ze vergiessen, dass den Här Angel eng wonnerbar Aarbecht gemaach huet an dass all déi Rieden, déi hei gehale gi sinn, konstruktiv Riede waren, déi ech och héich apprécieieren.

Nun, vläicht, Här President, mir liewe jo an engem Rechtsstat. Mir liewen net an engem Stat, wou eng gewielten Autoritéit higeet an d’Justiz dohinnerstellt, wéi wa se näischt géif daachen. Wa mer also elo eis an d’Immigrationspolitik versetzen, da wësse mer, dass jiddwereen hei muss, wann e seet: „Asyl!“, an eng Prozedur erakommen. Sou, déi Prozedur ass eng administrativ Prozedur um Ufank. Wann déi Prozedur „Jo“ ass, ass et e Bierger, e Citoyen vu Lëtzebuerg. Wa se „Neen“ ass, huet en eng Méiglechkeet, e Recours ze maachen. Da geet e virun den Tribunal, e geet virun d’Cour, an da gëtt um Niveau vun der Justiz tranchéiert, ob déi Demande konform ass zu de Konditiounen vun der Genfer Konventioun oder net. Dat ass d’Lag, wéi se ass.

An do duerno kënnt nach eppes fir deen, dee Minister ass: An exceptionelle Fäll, aus humanitäre Grënn kann de Minister sech iwwert déi Décisioun da vun der Cour ewechsetzen. Nun, jiddwereen, deen eng Kéier Minister war an deem Fall, dee muss mat sech selwer eens ginn, wou en dat mécht a wou en et net mécht. Mä ech mengen awer hei soen ze kënnen, dass et keen exceptionelle Fall ass, wann een deboutéiert ass an et huet ee Kanner. An duerfir mengen ech och, wat den Här Wagner hei gesot huet, dass mer eis net géife verstoen.

Leit, déi deboutéiert sinn, do gëtt et zwou Kategorien dann: Déi eng, déi gi fräiwëlleg zréck. An déi gi fräiwëlleg zréck! Déi kréie gesot, wat d’Konsequenz ass vum Rechtsstat, wou se dra liewen: dass hir Demande ofgeleent ass an dass se da mussen d’Land verloossen. Dat sinn, glécklecherweis, 80%. Do wëllt een net drun erëmfummelen, dat sinn 80%, déi akzeptéieren, fräiwëlleg zréckzegoen.

An déi 20%, déi dat net maachen, selbstverständlech, do huet net nëmme Lëtzebuerg, do hu mer allegueren an engem Rechtsstat doriwwer eis Suergen ze maachen a mir hunn ze versichen - dat schéngt mer och déi gréissten Aufgab ze ginn, oder eng vun deene gréissten

ten Aufgaben ze sinn -, déi Leit ze iwwerzeegen, dass se déi Décisioun vum Rechtsstat akzeptéieren.

Sou, wa jiddweree géif fräiwëlleg zréckgoen, bräichte mer kee Centre de rétention, fir Leit, déi deboutéiert sinn, heemzeschécken. Ass awer net! Ass net nëmme hei zu Lëtzebuerg net, et ass net an der Belsch, ass net an Holland, ass net an Däitschland, ass net a Frankräich. Do gëtt et iwwerall Centres de rétention, wou een da muss, ier d’Leit zréckgeschéckt ginn, och déi Leit da fannen, fir se kënnen zréckzeschécken.

Nun, an der Direktiv vun 2009 ass deen allgemengen Délai 18 Méint. 18 Méint! Fir Eenzelpersonen hu mer hei zu Lëtzebuerg 2009 zréckbehalen: 6 Méint. An Dir wësst: 72 Stonne fir Famillje mat Kanner. An ech wëll vläicht, Här President, kuerz drop agoen, wat de Problem ass.

De Problem ass deen, dass mer konfrontéiert sinn..., ech schwätzen net vum Conseil de l’Europe an ech schwätzen och net vun der Evaluation Schengen! Et ass eng Evaluation Schengen, et ass net de Secrétaire d’État aus der Belsch, den Theo Francken, deen eis dat seet, mä et ass effektiv eng Evaluation Schengen gemaach ginn an do si Mësstänn hei zu Lëtzebuerg opgezechent ginn, déi ech net deelen. Déi ech net deelen! Ee vun deene Mësstänn ass deen, dass mer keng Kanner dierften zréckschécken a waarde missten, bis d’grouss Vakanz ass. Dat deelen ech net! Well mir maachen och do dat, wat mer kënnen hei zu Lëtzebuerg maachen.

Bei deenen 72 Stonne sinn e puer Saachen heiansdo virkomm. An entschëllegt, dass ech se muss explizéieren, ech maachen dat net gären. Mä fir dass mer eis verstinn, wëll ech se explizéieren.

Et gëtt Fäll - an, Här Wagner, Dir hutt et ugeschnidden -, wou deen een Elterendeel sech presentéiert, oder bei der Police ass, e kënnt an de Centre de rétention, vläicht mat engem Kand, an deen aneren Elterendeel mat anere Kanner ass net do. An dann ass et un der Police, an déi huet keng einfach Aufgab do, fir ze kucken, dass déi Famill awer regruppéiert ass, ier se kann dann och zréckgeschéckt ginn. Déi ginn net erausgehäit, déi Leit ginn zréckgeschéckt. An do ass och en Accord mat deene Länner, wuer se zréckgeschéckt ginn; virun allem schwätze mer jo vu Leit aus dem Balkan.

Mir hunn en anere Problem, dee virkomme kann, dass mer d’Traffic oder d’Landing Rights, dass mer déi net kréien an iergendengem Land, vläicht eréischt zéng Stonnen duerno oder zwielef Stonnen duerno. An da wier déi ganz Aarbecht, déi gemaach ginn ass, ëmsoss gewiescht. Dat ass virkomm. An duerfir, wa mer e weénege méi Sputt hunn an et kënnt esou e Fall vir, da musse mer och dann eis Aarbecht kënnen maachen, wat keng schéin Aarbecht ass, mä dann awer eben och kënnen zur Konklusioun kommen.

An den drëtte Punkt nach, deen ech wëll soen, ech passe ganz gutt op, mä et ass agerass gewiescht, dass, wann déi 72 Stonnen zum Oflaf komm sinn, zéng Minutte virdrun erëm eng Kéier e Référé abruucht ginn ass, dee keng Chance huet, mä trotzdem, wou dann d’Geriichter gesot hunn: „Mir brauchen elo Zäit, fir de Référé ze konsultéieren, nach eng Kéier ze kucken, eis zesummesetzen.“ An da war och erëm do en immense Problem selbstverständlech.

Wa mer och do e weénege méi Zäit eis ginn, dann huet de Stat méi Méiglechkeeten, fir et dann ze kucken. A wann de Stat recht kritt, dann ass de Retour. Mir musse wëssen ëmmer, dass et hei - ech soen dat nach eng Kéier - ëm Fäll geet, déi all Rechtsprozeduren duerchmaach hunn an ofgewise gi sinn. Net um Minister, et ass net de Minister, deen ofweist! Et ass d’Justice, et ass d’Cour a leschter Instanz, déi dat mécht. Voilà! Dat ass de Problem, dee mer hunn.

An déi 72 Stonnen: Ech sinn och frou, dass et Leit gëtt hei am Land, déi wierklech wéi de Flüchtlingsrot sech asetzen, fir an déi Richtung ze wierken. Et gëtt der genuch, déi an déi aner Richtung wierken. Do sinn ech mat Iech total averstanen. An ech wëll se och appuyéieren. Mä si mussen awer verstoen a mir mussen alleguerte verstoen, dass et Evenementer gëtt, wou de Stat net responsabel ass, an dass mer dann e weénege méi Sputt brauchen.

Ech soen Iech elo emol d’Durée de résidence am Centre de rétention vun deene leschten dräi Joer fir déi Familljen, déi zréckgeschéckt gi sinn:

2014 hate mer 27 Familljen am Centre de rétention, 111 Persounen, déi waren an der Moyenne 36 Stonnen am Centre de rétention. 36 Stonnen.

2015 hate mer 33 Familljen, déi zréckgeschéckt gi sinn, bei 117 Persounen, do war d’Moyenne 50 Stonnen.

An 2016 hate mer 18 Famillen, 75 Persounen, do war d’Moyenne 48 Stonnen.

Dat heescht, vun deenen, wou mer kënnen de Retour organiséieren, ass kee méi laang do an der Moyenne wéi elo 50 Stonnen. An ech mengen, dat wëlle mer och absolutt bäibehalen! Mir wëlle jo net do eppes maachen - mir si jo keng Masochisten! -, dass d’Kanner méi laang do sinn. Wa Kanner do sinn, an do kënnt Der och e weénege Äre Kapp a Rou leeën, dee Centre de rétention, deen huet sech entwéckelt: Do gëtt et ganz, ganz vill Leit, déi do eng ganz gutt Aarbecht maachen. Do, wou Famillje sinn, dat ass nuets op. Also déi Abteilung, déi ass nuets op. D’Kanner kënnen natierlech bei hir Eltere goen.

An och dee Service psychosocial vum Centre, deen ass esou organiséiert, dass ëmmer déi nämlecht Persounen sech da virun allem ëm d’Kanner bekëmmern. Et ass eng Spillplaz do derbäi. Ech weess, dass dat alles Saache sinn, déi ee sech méi schéi virstellt, wéi se sinn, mä ech mengen, mir hunn och Kontakt am Centre de rétention mat der Agence du bénévolat, wou Leit erakommen, fir ze molen, Schach ze spillen an esou weider. Et ass also, et gëtt sech vill Méi gemaach, wann dat dote geschitt, dass och do en anstänneg Encadrement besteet.

An duerfir, ech sinn absolutt d’accord mat all deenen, déi soen: „Sou séier wéi méiglech, sou kuerz wéi méiglech!“ Dat maache mer och. Ech wëll awer och hei soen - wann ech dat däerf soen, an domadder, mengen ech, sinn ech kee Reaktionsär -, dass déi Elteren, déi et drop ukomme loosse, fir mat hire Kanner an esou eng Situatioun eranzekommen, dass déi awer och eng Responsabilitéit hunn an net nëmme de Stat eng Responsabilitéit huet!

(Interruption)

Ech wollt vläicht, Här President - all dat anert, mengen ech, ass gesot ginn an och ganz gutt explizéiert gi vum Här Rapporteur -, zu deem kommen, wat ech Iech och eigentlech wollt soen, an ech wëll mech fir d’Éischt bei Iech allegueren entschëllegen, net nëmme beim Här Mosar: Mä ech war, wéi dat heiansdo geet an der Politik, effektiv freides do. Mir hate Regierungsrot, do kënnt eng „fuite en avant“ - oder wéi nennt een dat? - an ech sinn owes konfrontéiert gi mat där Fuite. Mir waren näamlech nach guer net..., mir sinn alt nach ëmmer am Schaffen, wéi mer do op dee beschte Wee kommen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass: Ech hu missen déi lescht Woch dat maachen, wat vill Lëtzeburger mussen heiansdo sech maache loosse, näamlech dem Spidol eppes ze verdénge ginn. Ech hunn eng kleng Operatioun gemaach kritt an duerfir war ech physesch net amstand, fir heihinnerzekommen. An duerfir géif ech mech och entschëllegen derfir, soss wier ech déi Woch bestëmmt an d’Kommissioun komm a mir hätten dat gekuckt.

Ech hunn awer du gesot, well ech geduecht hunn: „Bis dohinner bass de erëm eenegermoossen op de Been“, dass ech géif heihinnerkommen a vläicht da fénnef Minutten, wann de President mer déi gëtt, Iech och soen, wat mer wëlles hunn op deem Gebitt vun der ville Leit, déi Dublin-Fäll sinn, an och de Leit, déi vum Balkan kommen.

Dir wësst, wat ech elo soen, dat ass keen neit Gesetz, wat mer stëmme loosse hei an der Chamber. An ech sinn och bereet selbstverständlech, an d’Kommissioun ze kommen, fir am Detail dat ze kucken. Mä mir mussen eis Mesuré ginn, wéi aner Länner och, fir kënnen ze wëssen, déi zwou Fronten, mat deene mer konfrontéiert sinn, näamlech déi vill, ganz vill Dublin-Fäll, déi mer kritt hunn - an ech soen Iech, wiwill dass mer der hunn - an och déi aner Säit, d’Leit vum Balkan, déi kommen a weider kommen, wéi mer mat deem ëmginn.

A mir musse Plaz schafen an dësem Land - ech soen dat och ganz kloer, mir wëssen allegueren, wéi schwéier dass et ass, an alle Gemengen, an ech wëll do keng ervirsträichen -, fir dass mer déi Engagementer (veuillez lire: fir dass mer déi Engagementer kënnen anhalen), déi mer op europäeschem Plang hunn, fir wierklech d’Leit ze relokaliséieren a Resettlement ze maachen. Wat Leit sinn, déi aus Krichsgebiddern kommen - déi kommen aus Krichsgebiddern! -, an et ass eis verdammte Pflicht, fir do och déi Leit hei opzehuelen opgrond vun deene Quoten, déi mer gesot kritt hunn!

Vläicht do och ee Wuert: Mir hu bis elo 324 Leit opgehall aus der Türkei, aus Jordanien, aus Italien an aus Griichenland. A mir hunn der dëst Joer nach 473 opzehuelen! Dat muss mer wëssen. Dat maache mer och. An duerfir muss mer eng Prozedur an d’Wee leeden, dass mer méi séier si bei deene Leit, wou mer manifestement wëssen, praktesch zu 99%, dass se net kënnen den DPI kréien, also d’Protection internationale kréien, dass mer do eng akzeleréiert Prozedur maachen.

Mir kréien och an der Moyenne 200 nei Demanden. Ech soen elo net, dass dat allegueren Demandé sinn, déi herno och konkretiséiert ginn, mä 200 Leit an der Moyenne am Mount. An do sinn erëm vill Syrer derbäi, déi un eis Dier uklappe kommen.

Wat ass elo, fir d’Éischt, zur Prozedur? Also Dir wësst, all Demandeur, dee kënnt an d’Immigrationsdirektioun, gëtt vun der Police judiciaire gehéiert an et gëtt fir d’Alleréischts gepréift: Ass et e Fall, dee mer am Eurodac schonn erëmfannen? Dat heescht: Huet en an engem aneren EU-Memberstat schonn eng Demande d’asile gemaach? Ass souguer d’Prozedur scho vläicht ofgeschloss? Oder ass en am System Visa dran? Huet e Mënsch aus Nigeria oder Niger, deen a Spuenien eng Autorisatioun kritt huet fir dräi Méint. Op eemol kënnt en op Lëtzebuerg. Wat maache mer domadder? Bon, dat sinn also déi zwee Fäll: engersäits d’Dublin-Fäll, anerersäits och d’Visa-Fäll.

Wann elo festgestallt gëtt, dass et sech effektiv ëm en Dublin-Fall handelt, also dass dat en Dublin-Fall ass, da geet direkt d’Procédure Dublin un. Déi ass ganz séier ofgeschloss. Do ass e Recours méiglech vun deem, dee concernéiert ass, allerdéngs ass dee Recours net suspensiv.

Elo muss awer - elo ass nach näischt geschitt! -, elo muss awer dann dat Land, wa mer vum Dublin-Fall schwätzen, an Europa och säi formellen Accord ginn, dass se déi Persoun wëllen zréckhuelen, dass se transferéiert gëtt.

Mir hunn, ech soen Iech dat hei, mat ganz ville Länner aus der Europäescher Unioun - ech wëll elo keent opzielen - Problemer, déi net akzeptéieren, d’Dublin-Fäll erëmzehuelen, grouss Länner, kleng Länner. A wa mer dat net fäerdegbréngen - do gëtt et keng Sanktioun -, dann ass et e Mënsch, deen dann an d’Asylprozedur erakënt.

Wat elo d’Leit vum Balkan ugeet, do ass et esou, dass mer vu muer un, also vum 9. Februar un, eng akzeleréiert Prozedur hunn. Déi Leit hunn dann zwee Deeg Zäit, fir en Entretien ze preparéieren. Mir hu mat der Croix Rouge ofgemaach, dass eng Permanence vun Affekoten do ass. Also de Barreau huet och eng Permanencelëscht un déi Responsabel vum Foyer ginn. An da kënnen déi Leit also hiren Affekot do konsultéieren. An da fënnt de véierten Dag vun der Arrivée am Land den Entretien statt. Dat fënnt elo statt net méi um Kierchbiere, mä am Centre de logopédie; dat ass d’Iddi. Et ass och schonn alles do, d’Installatiounen sinn do, fir kënnen dat dann do ze maachen. An et gëtt vun den Agenten gemaach, déi och elo an der Immigrationsdirektioun schaffen.

Sou, nom Entretien gëtt dann décidéiert, ob den Demandeur e Fall ass vun der Procédure accélérée oder net - Artikel 27 vum Gesetz. A wann et dann eng ass, an der Moyenne sinn et 80% vun den Demandeurs vun de Balkanlänner, déi an déi Procédure accélérée falen, da fänkt déi dann u mat lafen. An da versiche mer, maximal an néng Deeg dann och zu enger Konklusioun ze kommen.

Wann déi Décisioun dann negativ ass, dann hunn d’Leit 14 Deeg Zäit, fir Recours anzeerechen, an de Riichter huet ee Mount Zäit, fir dann d’Uerteel ze huelen. Bon, géint dat Uerteel ass och keen Appell méiglech.

Bien. Dat ass, an dat wësse mer, an déi Leit wëssen et och, et si Leit aus Länner - ech ziele se elo net all op, mä aus Montenegro oder anere Länner - am Balkan, déi ganz kloer wëssen, si selwer an och hir Affekoten, dass se et praktesch net kënnen fäerdegbréngen, en DPI ze kréien. Allerdéngs hunn déi Leit d’Recht op eng Prozedur. An et kënnen ëmmer, souguer an der Procédure accélérée, Fäll ginn, wou sech kann erausschielan, dass eng positiv Äntwert kéint kommen. Mä, wéi gesot, d’Zuel ass extrem limitéiert. An duerfir wëlle mer elo déi Prozedur do och méi séier maachen.

Dann, wat de Kierchbiere ugeet. Mir schwätzen net vun eppes anerem, mir schwätze vum Kierchbiere. Mir musse wëssen, dass a ville Länner ronderëm eis, wat déi deboutéiert Leit ugeet, der ganz vill zréckgeschéckt gi sinn. A mir hu vill Leit, aus Holland, aus der Belsch, aus Däitschland, aus Frankräich, déi da probéieren, bei eis hir Demande ze stellen, wat, ech soen et nach eng Kéier, hiert gutt Recht ass, mä wou mer awer musse wëssen, dass mer eis mussen eng Prozedur ginn, déi akzeleréiert ass, well mer dat soss net packen.

Bon, also mir brauchen elo fir déi Leit, déi deboutéiert sinn, engersäits duerch d’Dublin-Prozedur, anerersäits duerch déi Balkan-Prozedur, déi ech gesot hunn, eng Struktur, a gleeft mer, Här Mosar, mir hu gesicht, Här President, a gesicht a gesicht a mir hunn näischt fonnt. An all Zentimeter carré an dësem Land gehéiert och enger Gemeng. Déi meescht Parteien heibanen an der Chamber, mat zwou Ausnamen, ware schonn an der Regierung, an duerfir hu mer missen dat huelen, wat méiglech ass, an dat ass um Kierchbiere.



An déi Struktur, déi gött elo opgebaut. An déi ass geduecht, Här President, an dat ass immens wichtig, wa keen Empêchement méi virläit, fir e Retour ze organiséieren. Dat heescht, wa mer wëssen, dass de Retour och ka konkretiséiert ginn, dass also mer wëssen, dass e Land do ass, Dublin- oder och Balkan, dat déi Leit och ophëlt. Et kënne keng Leit dohinnerkommen, vun deene mer nach iergendwéi net wëssen, wéini dass mer se fortgeschéckt kréien.

Dat heescht, hei gött dann elo déi Struktur geschaaft um Kierchbiere. Mir programméieren, dass dat soll ulafen den 1. Abrëll dëst Joer. Et gött eng hallef oppe Struktur. Jo, dat ass eis liddi. Et gött eng Zort Maison de retour.

Mir müssen och, ech soen dat och hei, Här President, eis Gedanke maachen, ganz séier, fir eng Maison de retour ze kréien, déi vläicht net nëmmen de Centre de rétention ass, déi semi-ouverte ass wéi dat hei, wou d'Leit eng Assignatioun kréien, dass se müssen op där Plaz do sinn, wou se an der Nuecht müssen dobanne sinn a se kënnen am Dag erausgoen.

Bon, Dir hutt gefrot: Wéi gött dat organiséiert? Ech mengen, d'Leit vum Centre de rétention zesumme mat der Police, dat ass de Kär der-vunner. An et gi Leit agestallt - ech soen lech dat nach kuerz -, fir dat kënnen ze maachen.

Loosse mer elo emol d'Zuelen huelen! Mir hunn am Moment 390 Persounen, déi zu Lëtzebuerg deboutéiert sinn, 390. Dovunner sinn 180 Leit vum Balkan. An et sinn awer och 210 Leit aus anere Länner, haaptsächlech aus Nordafrika, aus Westafrika, wou et immens, immens schwéier ass, an net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och fir anerer, fir dee Retour ze organiséieren.

An ech soen lech nach eng Kéier: Wann ee Land, och bei Dublin, net akzeptéiert, dass de Retour soll organiséiert ginn, da sti mer do! Do gött et keng Instanz driwwer, déi eis dann doranner hëlleft.

Bon, also eleng am Joer 2016, ech mengen, dat ass och wichteg, hate mer 1.326 Leit, déi ënner Dublin gefall sinn. Dat ass eng Steigerung vun 300% par rapport zu deem Joer vir-drun. A vun deenen 1.326 Leit hu mer fir 70% een Accord kritt aus den Nopeschlänner. Dat ass ëmmerhi vill. Bon, et muss een da kucken, mir hunn och dann 30% vun deenen 1.326 Leit, déi refuséiert gi sinn. A vun deenen 935 Leit goufen der dunn 261 transferéiert. An et sinn der och, 30%, 409 Leit, verschwonnen. Ech mengen, mir kënnen déi Leit jo net, déi ënner Dublin falen, hei ustrécken, dat wëlle mer jo och net. Do si mer jo och d'accord. A wa se dann an een anert Land ginn, da sti mer virun där Situatioun, déi ech elo geschildert hunn.

Fir ofzeschlëssen, Här President, géif ech soen, dass mer een Direkter kréie fir déi Structure d'hébergement um Kierchbiere, mat véier Leit an der Administratioun. Mir wëllen ee Service psychosocial ariichte vu fënnef Leit. Bon, ech hunn lech et gesot: Vun aacht Auer moies bis aacht Auer owes kënnen d'Leit zirkuléieren. An der Nuecht muss se do sinn.

Et ass esou, dass de Catering, d'Wäscherei, d'Botz extern Prestataire sinn. An d'Sécuritét, déi gött och vun engem externe Prestataire mat de Leit och vum Centre de rétention organiséiert. Mä ech géif lech wierklech proposéieren, virum 1. Abrëll kréie mer d'Geleeënheet, an ech sinn och do bereet, an d'Kommissioun ze kommen, vläicht och mat Leit, déi dat dann ze organiséieren hunn, wou mer all Detail, Här Angel, géifen an der Kommissioun da kucken.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Bon, dat ass d'Iddi, déi derhannertstécht. An ech hoffen, dass mer doranner och virukommen.

Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Minister, just eng Minutt. Dir erlaabt eng Fro respektiv eng Remarque vun der Madamm Mergen?

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Jo, jo.

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Merci, Här Minister. Ech wollt just kuerz froen, wat mat deene Leit ass, déi soen, si wieren an enger Prozedur an engem aneren europäesche Land, respektiv déi soen, si hätten Asyl an engem aneren europäesche Land, déi awer a Wierklechkeet och an deene Länner entweder deboutéiert sinn oder keng Prozedur entaméiert hunn. Ginn déi och iwwer Dublin rapatriéiert? Oder ginn déi vun ons aus rapatriéiert?

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Also, stellt lech et esou vir: Jiddwerengem, dee fret, deem ginn d'Fingerprints geholl. A wann iwwer Eurodac erausfonnt gött, dass en an engem anere Land seng

Prozedur ugefaangen respektiv ofgeschloss huet, dann ass et en Dublin-Fall. D'accord?

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Wann en deboutéiert ass? Wann en an deem Land deboutéiert ass?

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Jo. Dat Land, wou en hierkënn, ... Lauschtert, wann en deboutéiert ass, muss dat Land, wou en deboutéiert ginn ass, derfir suergen, dass en dann heemkënn!

Sou, wann Der...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Angel huet d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci, Här Minister, fir déi Erklärungen, an ech si frou, dass Der lech ugebueden hutt, an d'Kommissioun ze kommen. An ech freeë mech och schonn, dass mer mat lech a mat Äre Mataarbechter dat dote kënnen zesummen diskutéieren.

Dir hutt zu Recht gesot, dass dat, wat um Kierchbiere elo opgebaut gött, eng Structure d'hébergement d'urgence ass, dass dat och e Provisoire ass. An Dir hutt, wat mech gefreet huet, annoncéiert, dass sech och scho Gedanke gemaach ginn iwwer eng Maison de retour. Mir hate jo driwwer geschwat, an ech géif mech och freeën, wa mer do als Kommissioun, wa mer elo dat eent gemaach hunn, och mat agebonne géife ginn, well dat schéngt eis ganz wichteg ze sinn.

Merci.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Här President, ech wëll dem Här Angel direkt äntwerten. Ech hat dat vergiess, dass mer schonn... Leit vun der Direktioun ware kucken an Holland, mä dat ass och, wann Deputéierten interesséiert sinn un esou enger Maison de retour, wéi déi fonctionnéiert an Holland, dass mer dat och kënne kucke goen.

Ech wëll och nach soen, Här President, well ech muss goen, ech wollt nach soen, dass mer selbstverständlech...

(**Hilarité**)

...als Regierung d'accord si mat der Motioun. Merci villmools.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo. Ech gi jo awer dovun aus, Här Minister, dass Der nach bleift, bis dass mer ofgestëmmt hunn?

Voilà. Mir sinn domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm.

Mir si saiséiert mat enger Demande vun der ADR an deene Lénken, fir op engem Artikel e Vote séparé ze maachen. A mir hunn eng zweet Demande - déi awer bis elo net apuyéiert ass vu fënnef Deputéierten - vun der ADR.

Ass den Appui do?

(**Assentiment**)

Ongewinnt!

(**Interruption**)

Entschëllegt d'Bemierkung! Ech soll jo iwwert deem Ganze stoen. Mä ech hu mech jo och entschëllegt.

(**Hilarité**)

Voilà. Dat gesot, géife mer da fir d'Éischt e Vote séparé maachen iwwert den Artikel III, deem d'Modifikatioun vum Artikel 6 vun dem Gesetz vum 28. Mee 2009 betrëfft.

Wie mat där Demande d'accord ass, wéi se vun deenen zwou Sensibilitéite gestallt ginn ass,...

(**Interruption**)

Jo?

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech wollt just preziséieren, Här President, datt d'ADR och déi Initiativ vun deene Lénken, iwwert deen doten Artikel ofstëmmen ze loossen, just aus prozedurale Grënn ënnerstëtzt, net inhaltlech.

► **Plusieurs voix.**-Ah!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Also et ass u sech eng Demande vun de Kollegee vun deene Lénken, déi mir aus prozedurale Grënn ënnerstëtzen. Genausou wéi si,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Okay.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ...huelen ech un, aus prozedurale Grënn eis Demande ënnerstëtzen. Mir géifen eis awer natierlech och freeën, wa se sech och inhaltlech kéinte ralliéieren.

Ech soen lech Merci.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Ma da géife mer fir d'Éischt deen Antrag vun der

Lénker, dee vun der ADR pour appui ënnerstëtzt gött, zum Vott stellen.

Vote séparé sur l'article III du projet de loi

Wie mat der Proposition vun deene Lénken d'accord ass, fir deen doten Artikel ze sträichen, dee stëmmt mat Jo. An deen net dermat d'accord ass, dee beim Text wëllt bleiwen, stëmmt mat Neen. Also, de Vott fänkt un. Mir stëmmen iwwert den Antrag of! An de Vott ass ofgeschloss. An den Antrag ass mat 57 Nee-Stëmme bei 2 Jo-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la demande est rejetée par 2 voix pour et 58 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Vote séparé sur l'article 59 du projet de loi

Da géife mer iwwert den Antrag vun der ADR ofstëmmen, fir de Punkt 27 betreffend den Artikel 59 och ze sträichen. Ech géif deen Antrag, dee vun der ADR abruecht ginn ass, dann zum Vott stellen, wann den Apparat prett ass. Wie mam Antrag vun der ADR d'accord ass, stëmmt och do mat Jo, a wie beim Text wëllt bleiwen, mat Neen.

Mir sinn nach net prett fir de Vott. Sou, elo si mer et. De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

(**Interruption**)

3-mol Jo, 56-mol Neen. Domat ass den Antrag vun der ADR ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la demande est rejetée par 3 voix pour et 57 voix contre.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6992 et dispense du second vote constitutionnel

Mir géifen dann iwwergehen, wann den Apparat prett ass, zum Vott iwwert den Ensemble vum Gesetz. Jo. Macht mech net duerjernebel, Här Rapporteur!

(**Brouhaha**)

Wie mam Projet de loi d'accord ass, stëmmt mat Jo. Wien dergéint ass, mat Neen!

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet 6992 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Dann hätte mer d'Motioun nach, déi vum President vun der Kommissioun a Rapporteur abruecht ginn ass, am Numm vun deene Fraktiounen respektiv Sensibilitéiten, déi an der Kommissioun vertruede sinn.

Kann ech à main levée doriwwer ofstëmmen loossen?

(**Assentiment**)

► **Une voix.**- Neen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, also, ech muss jo soen, dass och à main levée ee säin Nee kann ausdrécken. Mä wann Dir awer insistéiert, ech kann och de Vote électronique maachen.

(**Brouhaha**)

Insistéiert Der op de Vote électronique?

Wat gelift?

► **Une voix.**- Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Ah, majo, da sot dat! Sou, da géife mer iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwe. 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass déi Motioun ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.



A mer kënnen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. D'Dispens vum zweete Vott hunn ech jo gefrot. Da géife mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7077, eng Restrukturatioun vum SCRIPT. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

5. 7077 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet

1. la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques;

2. la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»;

3. l'institution d'un Conseil scientifique

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, beim Projet de loi 7077 geet et em de SCRIPT, esou wéi de President grad gesot huet. Dat ass de Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques. Ech mengen, et ass awer méi einfach, wa mer wäerten den „SCRIPT“ soen.

Ier ech awer op d'Emstrukturéierung selwer ze schwätze kommen, em déi et haut am Projet de loi geet, erlaabt mer, nach e puer Wuert zum Historique vum SCRIPT ze soen. De SCRIPT gouf duerch e Gesetz vum 7. Oktober 1993 an d'Liewe geruff. Zënter dem Gesetz vum 6. Februar 2009 hat de SCRIPT d'Mission, déi technologesch a pädagogesch Innovationen an de Lëtzebuerger Schoulen ze fërderen, dëst souwuel an der Grondschoul wéi awer och am Lycée.

Nieft dësen zwee Kärpunkten hat de SCRIPT deemools d'Aufgab, och nach d'Formation continue vun den Enseignanten ze encadréieren. Duerch d'Schafen awer vum IFEN, dem Institut de formation de l'éducation nationale, zielt d'Formation continue zënter 2015 net méi zu sengem Aufgabegebitt, an awer ass d'Aarbecht fir dëse Service net manner ginn.

De SCRIPT, deen zënter Januar 2016 um Site vum eduPôle zu Walfer doheem ass, ass mëttlerweile net méi ewechzedenken. Et ass e wichtegt Puzzlestéck, fir de Prozess vu méi innovativer Schoule weiderzedreien. Et ass souzeseen de Motor vum Développement vun der nationaler Éducation.

D'Uspréich, déi un de SCRIPT gestallt ginn, sinn duerch déi nei technesch Méiglechkeeten an déi nei pädagogesch an didaktesch Offere gewuess a vill méi villfältig ginn. Och d'Unzuel vun de Mataarbechter ass an deene leschte Jore staark gewuess.

De gesetzleche Kader vun 2009 erlaabt et dofir net méi, allegueren d'Aufgabegebitt vum SCRIPT ofzedeeke respektiv dréit der Villsäitgeket vun dësen Aufgaben einfach net méi Rechnung.

Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Ah, en ass do. Ech hat en net gesinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech sinn hei.

(Hilarité)

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Ech hat mer elo hei scho Suerge gemaach.

► **Une voix.**- En ass net verluer gaangen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, neen!

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Majo, majo, ech hunn hei am Écran gesinn.

Dofir gi mat dësem Projet de loi d'Missionen an den Organigramm vum SCRIPT och redéfinéiert. De SCRIPT soll soumat méi effizient schaffen an déi verschide Programmer a Projekte besser suivéiere kënnen.

An Zukunft soll de Service dofir a sechs verschidden Divisiounen ënnerdeelt ginn, an zwar: an d'Division de l'innovation pédagogique et technologique, eng Division de la coordination d'initiatives et de programmes pédagogiques, d'Division du développement du curriculum, d'Division du développement de matériels didactiques, eng Division de traitement de don-

nées sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire éducative, a sechstens schlussendlech eng Division du développement des établissements scolaires et des structures éducatives.

Zum leschte Punkt wéilt ech vläicht soen, datt et dëse Service ass, deen de Schoule beim Ausschaffe vun de Plans d'établissement scolaire (veuillez lire: Plans de développement scolaire), de sougenannte PDSen, zur Säit steet. De Wonsch besteet jo opsäite vum Éducatiousministère, den ënnerschiddleche Schoulen an Zुकunft méi Fräiheeten ze ginn: ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler. Si sollen dofir selwer en eegent pädagogesch Konzept ausschaffen, dat hiner ganz eegener Schoulpopulation ugepasst ass. Si kréien an deem Sënn méi Autonomie, sech dohinner ze entwéckelen, wou et an hiren Aen och wierklech Sënn mécht.

Här President, bei deem Prozess gi si an Zukunft och vu Pädagogen, déi an deem Beräich spezialiséiert sinn, ënnerstëtzt. Dëst ass den zweete Volet vun dësem Projet de loi. Dës Instituteurs spécialisés, esou wéi se am Gesetz genannt ginn, sinn dem SCRIPT affektiéiert an intervenéieren an de Schoulen, fir dem Personal bei der Ausschaffung vun hirem PDS mat Rot an Dot zur Säit ze stoen an hinnen ze hëllefen. Dëst ass och ganz am Detail a verschiddene Kommissiounen vum Minister selwer erkläert ginn an déi verschide Bedenke konnten och gekläert ginn.

Ech wëll an deem Kontext och nach eng Kéier betounen, datt dësen neie Grad schonn am Mäerz 2016 an engem Accord tëschent dem Ministère an dem SNE an éischten Zich festgehale gouf. Ee weideren Accord, deen den 22. Februar 2016 tëschent deenen zwou Parteien ënnerschriwwen gouf, huet de Profill vun deenen Enseignantë weider prezisiéiert a fënnt, wéi gesot, säin Nidderschlag an dësem Projet de loi.

Fir esou e Posten ze besetzen, muss een, wéi gesot, e Masterofschloss am Développement vu Schoulen hunn an op d'mannst schonn zwee Joer Schoulmeeschter gewiescht sinn. Soumat gëtt séchergestallt, datt déi betraffe Persounen op d'mannst schonn e kuerzen Abléck an de berufflechen Alldag vum Enseignant haten an den Terrain och esou kennen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet an deem Kontext och ausdrécklech begréisst, datt am Gesetz den Accès zu dëser Fonctioun souwuel iwwert d'Carrière ouverte ewéi och iwwert d'Voie express virgesinn ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, dëst gesot, wéll ech gäre fir all weider Detailler op mäi schrëftleche Rapport verweisen a ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Här Rapporteur. An éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Och ee grouse Merci un de Rapporteur, de Lex Delles, deen alles ganz am Detail beschriwwen huet. Ech ka mech also relativ kuerz halen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech maache mäi Besch. Datt de SCRIPT reforméiert gëtt, ech mengen, dat schéngt logesch an evident ze sinn. Dat ass och erkläert ginn. Et gi virun allem dräi Saachen hunn ech dann awer e puer Bemerkungen ze maachen, wéi gesot kuerz.

Dat éischt ass d'Organisation vum SCRIPT. Do ginn elo sechs Divisiounen opgedeelt. Dat éischt oder eng Divisioun ass eng Divisioun iwwert d'Entwécklung vun de Léierpläng. Si sollen d'Programmkommissiounen begleeden, d'Aarbechte koordinéieren, fir Kohärenz bei de Programmer suergen. Dat ass eng ganz wichteg Aufgab.

Am Projet de loi vum Conseil national des programmes steet am Exposé des motifs awer och: «Il veillera à la cohérence des enseignements.» Et stellt sech also d'Fro: Riskéiere mer net hei, zwou Strukturen ze kréien, déi zum Deel déiselwecht Aufgaben hunn?

Eng äänlech Fro stellt sech bei der Division de traitement des données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire éducative, wou also sollen Daten aus verschiddenen Etüden analyséiert an traitéiert ginn. Den Observatoire pour la qualité scolaire, wou zéng Leit wäerte schaffen, huet laut Projet de loi awer och d'Aufgab, fir Etüden iwwer eise Schoulsystem ze analyséieren. Och hei stellt sech d'Fro: Riskéiere mer net, zwou Strukturen ze kréien, déi

fir vergläichbar Saachen zoustänneg sinn, respektiv hätt een dat net kënne méi effikass organiséieren?

Ech hat an der Kommissioun gefrot, fir eng Iwwersicht ze kréie vum Zesummespill tëschent dem SCRIPT, dem LUCET, der Uni, dem Observatoire pour la qualité scolaire an dem Conseil national des programmes. Ech hunn déi Iwwersicht vun deem Zesummespill esou net kritt. Dat heescht, déi Fro bleiwen nach opstoen.

Déi zweet Saach, déi geännert gëtt: De Bildungsbericht gëtt elo all dräi Joer gemaach amplaz all fënnef Joer. Firwat datt dat esou ass, dat weess ech net genau. Et ass awer, egal wéi, ee wichteg Instrument. Ech hunn do just zwou Froen. Déi eng ass, et ass jo elo reduzéiert ginn op dräi Joer. Huet dat vläicht eppes domadder ze dinn, datt den Här Minister d'Participatioun un der PISA-Etüd a Fro gestallt huet? Hie kann eis vläicht do Prezisiounen ginn.

Allgemeng wëll ech just soen, datt Date sammelen wichteg ass, mä vill méi wichteg ass: Wat geschitt opgrond vun dësen Erkenntnisser? Vläch misst een do déi nach méi geziilt an e regelrechte Qualitéitskreeslaf abannen.

Da kommen ech nach kuerz op den Instituteur spécialisé am Schoulmanagement oder der Schoulentwécklung ze schwätzen. Eng éischt Bemerkung zu senger Tâche: Hien ass respektiv soll Spezialist fir Schoulentwécklung sinn, Usprichpartner fir d'Présidenten, de Schoulcomité an esou weider am Kader vum Plan de développement scolaire. Hien oder si soll awer och nach Mann/Fra für alles sinn, soll eng Assistance personnalisee fir dagdeeglech Problemer ubidde fir Enseignanten, déi Hëllef brauchen. An dat alles mat zwee Joer Beruffserfahrung. Dat ass schonn eng relativ speziell Tâche!

Eng zweet Bemerkung. Dës Enseignantë sinn attachéiert beim SCRIPT. Si setzen awer weder am SCRIPT nach an der regionaler Direktioun. Den Här Minister huet eis gesot gehat, si géifen op siwe Plazen am Land u sech verdeelt ginn. Vläch kann en eis nach soen, wou genau. Et ass, egal wéi, awer eng speziell Situatioun, och fir den Direkter vum SCRIPT, dee jo awer de Supérieur hiérarchique vun dësen Enseignanten ass.

An drëtten, a wat u sech dee wichtigste Punkt ass: Schoulentwécklung ass definitiv, an do si mer eis eens, ee wichtige dynamesche Prozess an dee gehéiert an d'Schoul selwer. Méi Autonomie, och am Kader vum Plan de développement scolaire, erfuerdert an eisen Aen eng aner Organisatioun, an zwar eiser Meinung no ee Schouldirekter an der Schoul, an net an der Region. Do hu mer nach Zäit, fir drop anzegoen, beim Gesetz iwwert d'Grondschoul. Mä wa mer dat hätten, da kéinten d'Opstellung an d'Duerchféierung vum Plan de développement scolaire nach méi participativ mat de Leit um Terrain geschéien, déi dann och selwer kéinten décidéiere respektiv déi och eppes ze decidéieren hätten an déi net nëmme misste Verantwortung iwwerhuelen. Da bräichte mer u sech dës Enseignants spécialisés an der Schoulentwécklung esou net, wéi mer se och an de Lycéien net bräichten.

Wéinst deene Froen a Bemerkungen wäerte mir eis als CSV bei dësem Projet de loi enthalten.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Hansen. Nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och ufänken an dem Rapporteur, dem Lex Delles, Merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

De SCRIPT, deen d'nächst Joer seng 25 Joer Existenz feiere wäert, seet wahrscheinlech deene meeschte Leit net allze vill, ausser, wéi den Numm et seet, dass et mat pädagogescher an technologescher Recherche an Innovationen ze dinn huet.

Et ass dofir net vu Muttwëll, dass d'Missionen vum SCRIPT nei respektiv méi kloer definéiert ginn. Mir begreifen et als LSAP dofir och, dass d'Kommunikatioun no bausse vum SCRIPT verbessert a vereinfacht soll ginn. Fir een, dee kee Spezialist an där Matière ass, mä ech mengen, souguer och fir d'Enseignanten, ass et net ëmmer ganz einfach, sech an all deenen Initiativen an Aarbechten, déi de SCRIPT mécht, erëmzefannen. Dat ass schued, well et si ganz wichteg Projeten, un deenen dëse Service vum Éducatiousministère schafft.

Mir sinn dofir der Meinung, dass zum Beispill och e groussen Effort muss gemaach ginn, fir d'Internetsäit vum SCRIPT ze moderniséieren a méi iwwersiichtlech ze maachen. Zum Beispill d'Initiativ MathemaTIC, déi scho vum... - neen,

déi war nach net ugeschwat ginn, vum Rapporteur, oder? -, déi mat Hëllef vum SCRIPT senger Agence pour le développement de la qualité scolaire an aneren Akteuren an d'Liewe geruff gouf an ee vu villen interessante Projeten ass, fir déi ee roueg Reklam soll maachen. Et handelt sech em eng digital Plattform fir d'Schüler am Cycle 4, mat deem si, wéi den Numm et seet, méi einfach a méi flott Mathé bäibruecht kréien. Dëst pädagogesch Instrument ass op de lëtzebuergesche Schoulsystem ugepasst, ënner anerem och, well et de Schüler d'Méiglechkeet gëtt, Rechenaufgaben a véier verschiddene Sproochen ze léisen. D'Sprooch ass also hei keng Brems méi fir verschide Kanner, fir Mathé ze léieren.

Iwwert dee Wee garantéiere mer eng besser Chance ze réusséiere fir all eis Schüler. Derbäi kënnt, dass de Projet den Zäiten ugepasst ass an déi Jonk natierlech och Spaass hunn, fir um Computer ze schaffen. A mir kréien dann, duerch dee Programm, och eng ganz Rëtsch Donnéeën, mat deene mer spéider d'Qualitéit vum Enseignement besser evaluéiere kënnen.

Här President, Dir gesitt, dem SCRIPT seng Hauptmission ass et, d'Schoul vu muer vi rauszugesinn an ze hëllefen émsesetzen. Dat ass bäi Wäitem keng einfach Aufgab. Mir begreifen dofir och, dass mat dësem Gesetz eng Rei spezialiséiert Schoulmeeschterposte geschafe ginn, déi de Schoulen hëllefe wäerten, hir Entwécklungspläng auszeschaffen. Och dat bréngt méi Qualitéit an eis Schoulen.

Eng Fro hätt ech zum Schluss nach un den zoustänneg Minister, nämlech wéi an Zukunft den IFEN, dee jo d'Formation continue vum SCRIPT iwwerhëlt, an de SCRIPT zesummeschaffe wäerten.

Fir eis als LSAP ass et kloer, dass dat Wësse ronderëm pädagogesch Innovationen an nei Technologien, dat de SCRIPT sech uneegent, och an d'Formationen vun eisen Enseignantë muss afléissen.

An dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Burton. An d'Wuert huet elo den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir fannen, datt d'Andeelung vum SCRIPT, esou wéi den Organigramm am Exposé des motifs et ausweist, eng gutt Andeelung ass, a besonnesch d'Schafung vun enger Sektoren Développement de matériels didactiques schéngt iwwerfällg gewiescht ze sinn. Mir erwaarden eis eng besser Koordinatioun fir déi eenzel Fächer ënnereneen, awer och tëschent Grondschoulen a Secondaire.

Et versteet sech vum selwen, datt déi sechs Divisiounen vum SCRIPT mussen zesummeschaffen an net kënnen en vase clos funktionéieren. Dat krute mer souwuel vum Minister wéi vum Direkter vum SCRIPT confirméiert.

Da schafe mer och mat dësem Gesetz d'Funktion vun engem Instituteur spécialisé. Ech sinn elo mëttlerweile 13 Joer hei an der Chamber an ech mengen, ech hätt nach ni an engem Gesetz iwwert d'Schoul esou eng ausféierlech Referenz op en Accord mat enger Gewerkschaft gelies.

Mir sinn amgaangen, eis Schoullandschaft am Primär nohalte ze verännern. Vläch si mer op engem Wee zréck an d'1960er Joren, wou mer Schoulmeeschtere mam véierten, drëtten, zweeten, éischte Rang haten. Et ass net ganz kloer, wéi vill Instituteurs spécialisés datt mer kréien. Am Gesetz steet keng Zuel. Am Accord mat der Gewerkschaft steet, et wieren der mindestens esou vill, wéi et deemnächst Regione gëtt, also héchstwahrscheinlech dann emol 15.

D'Konditiounen, fir Instituteur spécialisé ze ginn, stinn och am Gesetz. Zwee Joer Schoul muss ee mindestens gehalen hunn, fir e Spezialist an der Schoulentwécklung ze ginn. E Master an der Schoulentwécklung ass en Advantage, awer keng Conditi sine qua non.

Ech froe mech: Wat maache mer allegueren mat deene ville Schoulmeeschteren a Léierinnen, déi amgaange sinn, e Master am Schoulmanagement ze maachen? Ech mengen, dat sinn der immens vill. Ech hoffen och, datt déi Leit - an ech fannen dat positiv, datt se um SCRIPT attachéiert sinn, also vum SCRIPT aus eng Gestuion ass -; ech hoffen, datt déi Leit am Intérêt vun der Schoul agesat ginn.

Ech ginn net méi drop an, firwat datt mer 2009 géint d'Reform vum SCRIPT votéiert haten. Ech hat mech awer préparéiert dorop. Et huet keen et gefrot, firwat datt mer dergéint waren. Dann, well et owes spéit ass, ginn ech och net drop an. Eng Haaptursach war, well mer eng Trennung vu Lehrerweiderbildung wollten